
PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Bildungsberäich

## COLAB-WORKSHOP 5
## 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?'

24. an 29. November 2022 - EduPôle zu Walfer an online via Teams

**ANNEXE**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN: 978-99959-1-381-6

Editioun Mee 2023

# Inhaltsverzeechnes

**1. Virwuert ... 4**

**2. Atelier A: Transversal Kompetenzen fir den Enseignement fondamental (EF) & Enseignement secondaire (ES) ... 5**

2.1. Transversal Kompetenzen ... 5

2.2. Plan d'études ... 8

2.3. Stolpersteng ... 10

2.4. Hëllef ... 12

2.5. Zesummefaassung ... 13

**3. Atelier B: Transversaalt Schaffen am Schoulalldag ... 14**

3.1. Beispiller vun transversalen Aktivitéiten ... 14

3.2. Definitioun vum transversale Schaffen ... 16

3.3. D'Stolpersteng bei der Ëmsetzung vum transversale Schaffen a méiglech Léisungsusätz ... 16

3.4. Wichtegsten Punkten ... 19

**4. Atelier C: Projeten & Initiativen an der Schoul ... 20**

4.1 Diskussioun ... 20

4.2 Weider Remarken ... 22

**5. Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab ... 24**

5.1. Gemeinsam Definitioun vum Begrëff 'Transversalitéit' ... 24

5.2. Wéi eng transversal Kompetenze sollen d'Kanner weiderentwéckelen? ... 29

5.3. Wéi kann een transversal schaffen? ... 36

5.4. Wat sinn d'Krittären vun engem gudden transversalen Unterrecht? ... 52

5.5. Wéi gesäit eng sënnvoll Evaluatioun vun transversale Kompetenzen aus? ... 62

5.6. Ausbléck ... 63

**6. Fotogalerie ... 70**

**7. Ausbléck ... 81**

# 1. Virwuert

An däser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen opgeléscht aus all den Atelieren an den online Gruppendiskussiounen vum fënnefte CoLab-Workshop fir de Bildungsberäich 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?'. D'Zil vun däser Annexe ass et, den Inhalt aus den Diskussiounen méiglechst neutral erëmzeginn, fir eng Trace vum ursprénglechen Input ze halen. Am Haaptdokument vum Rapport, deen Dir op **www.curriculum.lu** kënnt agesinn, huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um generellen Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir lech, de **Rapport** ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn.[1] Am CoLab, deen en présentiel zu Walfer stattfonnt hutt, hunn d'Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsentwécklung d'Atelieren moderéiert a mat den Outile vun der Moderatioun geschafft (Flipchart, Post-its, Notetaker vun der Divisioun etc.). Am Online-CoLab goufen d'Participanten a 'Breakout-Rooms' geschéckt, wou si op Basis vun engem Worddokument diskutéiert hunn. Si hu selwer d'Roll vum Notetaker ënner sech verginn. An däser Annexe sinn d'Rapporten an d'Notizen aus béiden Evenementer innerhalb vun den Atelieren zesummegeluecht ginn an eng éischt grob theematesch Sortéierung gouf virgeholl.

Mir wënschen lech eng gutt Lecture!
**D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

1 D'Stéchwierder an däser Annexe goufe quasi 1 zu 1 vun de Participanten iwwerholl. D'Orthographie gouf just iwwerflächlech der Kloerheet halber verbessert.

# 2. Atelier A: Transversal Kompetenzen fir den Enseignement fondamental (EF) & Enseignement secondaire (ES)

Déi nofollgend Stéchwierder sinn engersäits d'Post-its, déi d'Participanten wärend dem CoLab geschriwwen hunn an anerersäits sinn et Matschrëften vun der Curriculumsdivisioun.

## 2.1 Transversal Kompetenzen

- Achtsamkeet, fir de Recht besser kënnen ze erliewen
- Selbstwahrnehmung
- Selbstwäertschätzung
- Empathie
- Empathie entwéckelen
- Selbstfürsorge fir Enseignant & Schüler
- Méi mënschlech Valeuren abauen
- RAD – Respekt/Achtsamkeet/Disziplin
  - Alles, wat ee brauch fir Mateneen ze agéieren an transversal Kompetenzen ëmzesetzen
- Sozial → Gesellschaft
- Sozialkompetenzen (2x)
  - Fir d'Kanner awer och d 'Enseignanten
  - D'Enseignantë musse mol fir d'éischt ënnert sech eens ginn, et ginn op de Secondaire bezunn Hierarchien an de Fächer
- Teamwork
- Autonomie entwéckelen
  - D'Kanner si ganz onselbststänneg
  - D'Elteren wëllen, dass hir Kanner (méi) autonom ginn
  - Schoulausflug mat de Kanner plangen, net fir d 'Kanner. Gëff de Kanner Suen fir dat selwer ze rechnen, akafen ze goen usw. Do ginn och Saache schief, mee d'Kanner léieren dorausser D'Kanner sinn ze onselbststänneg, si mussen méi Eegeninitiativen huelen → Autonomie!

- Selbstkompetenzen
  - Fir d'Kanner
  - Och d'Enseignantë brauchen eng Rei u Selbstkompetenzen, déi an der Ausbildung missten gefërdert ginn
- Säin eegent Wëssen mat anere Leit deele kënnen
- Presentéieren am Public
- Sproochen
- Kommunikatioun an all Fach abannen
  - Kommunikatioun/Sproochen an all Fach abauen. Duerch d'Sproochen kënnt een haut am Liewen weider. Et bréngt een iwwert d'Grenzen vum Land eraus. Schwätze kënnen, sech ausdrécken, ass ganz wichteg. D'Leit verléieren et ze schwätzen, Télé an Handy sinn dat Wichtegst. Iwwer Kommunikatioun ginn och Problemer op privater Basis geléist.
  - Kommunikatioun erlaabt dat selwecht Theema a méi Sproochen ze entwéckelen
  - Och den Enseignant misst hei sensibiliséiert ginn. Jiddereen denkt no 20 Joer nach dorunner, wat verschidden Enseignanten him gesot hunn, dat huet een Afloss
- D'Kanner verléieren ze schwätzen
  - Vill Schüler kënnen sech net richteg matdeelen
- Iwwerfachlech Kompetenzen
- Handwierklech fir e Minimum ze kënnen
  - D'Kanner kënne kodéieren, mee wann de Knapp futti ass, sinn se op geschmass
  - Bitzen, zumindest e Knapp kënnen ubitzen, kachen, botzen, eppes reparéieren → dat ass och nohalteg
  - Awéifern sinn déi handwierklech Fäegkeeten transversal? (Gouf net beäntwert) → Theema 'Life skills'
- Liewenskompetenzen
  - Liewenskompetenzen léieren ass ganz wichteg, virun allem a méi héije Klassen: Steiererklärung, wéi liesen ech ee Kontrakt, wéi fueren ech mam ëffentlechen Transport, ...
  - Dës Liewenskompetenzen kënne gutt vun externen Acteuren vermëttelt ginn, hei passen d'Kanner och besser op an huelen dat ganz anescht/besser op
- Sech op d'Welt vu muer virbereeden
- Kompetenze fir d'Zukunft
- Problem solving
- Léisungsorientéiert Denken léieren
  - Net nëmmen Kritik a Problemer sichen, mee d'Kanner dohinner féieren, wat een ännere kann a wéi
  - Wéi léiert een?

- Kritescht Denken & Hannerfroen (2x)
  - Gehéiert zu engem opgekläerten Bierger fir an enger Gesellschaft ze erliewen, Medien dekodéieren, mat Theemen ëmgoen, Iwwergäng verstoen etc.
  - Kritescht Denken ass fachiwwergräifend
- Systemescht Denken
  - Feelt nach zimlech
- Nohalteg Denken & Handelen
- Naturgebonnenheet
- Nei Medien bewosst aus- & abauen
- VieSo → am Renge mat sech sinn
  - D'VieSo gëtt heinsdo net gehalen, well net all d'Enseignanten am Rengen mat sech selwer sinn an d'Fach ofginn, well se sech onsécher doranner spieren. Et ass ustrengend, sech mat VieSo an deenen Theemefelder auserneen ze setzen. Fir aner Niewefächer, ewéi Musek ass et och gutt méiglech, dass d'Enseignantë sech net kompetent genuch fillen, fir et ze halen
  - D'VieSo ass u sech eppes, wat an all Fach misst integréiert sinn a net eenzel misst gehandhaabt ginn. U sech bräicht et dofir keen extrat Fach, et misst am Alldag gelieft ginn
- Musek
  - Och d'Musek misst net onbedéngt een extrat Fach sinn, mee kéint integréiert ginn. Mee: Net jiddereen spiert sech kompetent fir Musek ze halen
- Musek/Konscht/Kultur
- Texter verstoen
  - D 'Essenz vun eppes verstoen, et kommunizéieren a reflektéiere kënnen

**Weider Kommentarer**

- Et gi Kompetenzen, déi net méi aktuell sinn am Plan d'études. De Grupp koum awer net dozou ze diskutéieren, wéi eng dat sinn.
- D'Kanner verstinn dat Konzept 'transversal Kompetenzen' net onbedéngt. Et gouf sech gefrot, ob dat an iergendenger Weis ee Problem kéint duerstellen oder d'Kanner vläit verwirre kéint. Et koum d'Äntwert, dass 'Transversalitéit' jo just eng Bezeechnung vun eppes ass an et se jo och deelweis scho gemaach gëtt. D'Kanner géingen awer laangfristeg villäicht dat Positiivt spieren, och wann si et (nach) net als Konzept verstinn. Een Enseignant aus dem Secondaire huet ugemierkt, dass hee senge Schüler erëm weist, wéi eng Theemegebidder vernetzt sinn a wéi eng Kompetenzen d'Kanner asetzen, wann se sech mat enger Theematik auseernee setzen.
- D'Transversalitéit, déi am Cycle 1 dozou gehéiert an sech am Unterrechtsopbau konstant widerspiggelt an alles duerchzitt, geet mat dem Viruschreiten vun de Cyclen alt méi verluer → D'Participante gesinn de Stolpersteen opgrond vun der (limitéierter) Tâche vum Enseignant (x Stonnen d'Woch).
- Transversalitéit ass eng 'Kultur', déi oppen a sozial, partizipativ ass. Déi Kultur gëtt et meeschtens net (an de Schoulen, ënnert den Enseignanten etc.), dorunner scheitert et.
- Et schéngt, wéi wann d'Sozialkompetenzen auslagert géifen an den nonformale Beräich

## 2.2 Plan d'études

- Transversal Kompetenzen als Ausgangspunkt
  - Transversal Theemen huele fir de Plan d'études opzebauen
- Transversal Kompetenzen sinn de Moment déi Kompetenzen, déi "bäigefügt" sinn
  - Am Moment sinn déi transversal Kompetenzen "bäigefügt", net integréiert. Dat ass och am Kapp vun den Enseignantë nach esou. Et geet ee net vun deene Kompetenzen aus, mee vun de Fächer, an déi transversal Kompetenzen ginn dann zum Schluss nach iergendwéi bäigepraft als 'afterthought' rsp. gekuckt, wat do wou passe kéint
- Sozial Valeuren
  - Dës ervirhiewen
- Méisproochegkeet transversal ëmsetzen
  - Net méi d'Sproochen eenzel am Stonneplang, mee einfach Plagen fir Sproochen allgemeng, wou een dann méi flexibel ass
- Virwuert fir de Plan d'études
- De Roll vum Enseignant/verbannen
  - De Roll vum Enseignant misst am Plan d'études stoen, fir dass dat méi an der Gesellschaft ukënnt
  - Mee wee géing kucken, dass et agehale gëtt? D'Participanten wëllen keen 'Inspektorat', mee éischter eng Aart Leadershipping
  - 'Verbannen' → dass déi eenzel Elementer vum Plan d'études besser matenee verbonne misste sinn
- Wat ass wichteg dobaussen am Privé?
  - Et ass wichteg, dass een realitéitsno ass, dat sinn vill Enseignanten net, well si ni am Privé geschafft hunn
- Keng Angscht hunn, de Kader ëmzewäerfen
  - Keng Angscht hunn, den offiziellen Kader ze basculéieren. Sech selwer net agespaart fille vum offizielle Kader
- Domainen opwäerten
  - Et goung hei virun allem ëm d'Niewefächer rsp. déi kulturell wichteg an onwichteg Fächer
  - An der Schwäiz huet de Surnuméraire méi Stonnen an der Schoul, esou dass sech d'Verhältnis tëschent Haapt- a Niewefächer ännert
- Niewefach als relaxe Moment
  - D'Niewefächer si flott, well ee mol kann ee relaxe Moment maachen. Beweegung kann entspanen asw. Vill aner Saachen/Beräicher si vill méi mat Stress verbonnen. D'Kanner bléien op, wann de Stress mol fort ass
- D'Fach 'Glück'
  - Dëst war eng Eenzelausso, dass een esou ee Fach kéint aféieren

- Stonneplang am Intérêt vum Kand
  - Net am Intérêt vum Enseignant!
- De Programm entschlacken
  - Et brauch Plaz fir Projeten, Visiten, fächeriwwergräifend Schaffen (mat aneren Enseignantë) kënnen ëmzesetzen
- Kleng Sputten fir Visiten (dobaussen)
  - Visiten vu baussen sinn extrem gutt an extrem effektiv. De Stonneplang bräicht Sputt fir esou eppes zouzeloossen (Ausso vum Secondaire fir de Secondaire). D'Kanner reagéieren op verschidden Persounen ënnerschiddlech, aner Persoune(-gruppen) hunn een aneren Impakt, och wann déi genau dat selwecht man
- Beispill: Ee Papp kënnt seng Aarbecht an der Woch virstellen (Virstellungskrees)
  - Virstellungskrees e bësse wéi am C1 de Wochekrees
- Projetsstonnen zur Verfügung
  - Projetsstonnen, do dann keng traditionell Fächer méi, zumindest deelweis
- Projektwochen
  - Um Niveau vun der Schoul eppes diskutéieren, eng Projektwoch man rsp. 1x d'Woch dat man, muss och kee ganzen Dag sinn
  - Beispill: Morning Assembly um Niveau vun der ganzer Schoul → Dës Woch ass d'Woch vun de Kannerrechter. Do moolt dann eng Klass eppes dozou, een Elterendeel kënnt als Ambulancier fir eppes ze erklären, Klassen komme beieneen
- Freiday
- Werkstätten/Atelieren mat (externen) Experten
  - z. B. Handwierklech, hei kënnen och extern Experten kommen
- Schoul als 'Mini-Gesellschaft'
  - Eng Mini-Gesellschaft an der Schoul: Och een Dokter etc. → es braucht ein ganzes Dorf, um ein Kind aufzuziehen
  - Reggio-Pädagogik
- Konkret Iddien fir den Terrain offréieren als Impuls → mat Material fir direkt ëmzesetzen
  - Den Terrain brauch konkret Iddien an Ënnerstëtzung, fir Transversalitéit kënnen ëmzesetzen
  - Netzwerken vun existéierende Projeten wichteg, et weess ee net, wat et scho gëtt a wéi een et maache kann, och de Plan d'études sollt dat duerno hirginn, dass en Iddien gëtt, wat ee kinnt man
- Schätzfroen, d. h. Fermi-Aufgaben, transversal vernetzt
  - E Gefill fir d'Saache kréien → et muss ee net onbedéngt wëssen, dass eppes genau 27,45€ kascht, mee wann een 25€ schätzt, ass et gutt. Net esou vill Drock, alles ganz perfekt kënnen ze maachen an dofir net ze äntwerten (FERMI)

**Weider Kommentarer**

- Gemeinsam Case mat de Bilanen → Et gëtt ee Feld wou ee Kommentare ka schreiwen → Elteren a Schüler kënnen zesummen nach eppes an déi Case schreiwen, et schéngt awer, wéi wann net vill vun der Méiglechkeet Gebrauch gemaach gëtt, ausser am Cycle 1. Et war d'Fro, firwat dat als Outil net méi genotzt gëtt. Et gouf net kloer, ob wierklech de Wonsch do war, dass et méi genotzt géif ginn
- Iwwer vereenzelt Elementer gouf geschwat, dass dat misst am Plan d'études sinn, wou dann aner Participanten soten, dass dat awer schonn am Plan d'études dran wier. Et steet scho villes dran, u sech ass de Plan d'études scho ganz gutt. D'Ëmsetzung feelt

## 2.3 Stolpersteng

- Personal/Expert
  - D'Haltung vun den Enseignanten spillt eng extrem grouss Roll. D'Enseignantë musse mol iwwerhaapt transversal matenee schwätzen an d'Transversalitéit liewen
  - D'Ouverture vun de Fächer am EF hänkt vun de Schoulen of, wat déi zouloossen a mat erabréngen. Den Iwwergang vun de Fächer ass tendenziell méi fléissend (well de Generalist e puer Fächer hält), mee d'Haaptfächer gi schonn nach méi eenzel enseignéiert, bei de Niewefächer geet et méi aneneen iwwer. Et hänkt och vum Enseignant of, wéi grouss d'Ouverture ass, wéi vill Wäert hien dorobber leet. Wann aner Leit d'Niewefächer halen, kann ee Fach net esou einfach ausfalen (duerch den Enseignant fale gelooss ginn fir d'Saachen an engem anere Fach fäerdeg ze man)
  - Den Enseignant gëtt am Stage vill observéiert a muss ganz reflexiv sinn. Wann en awer bis am System ass, kann en 30 Joer laang déi selwecht Prüfung maachen. Et soll elo keen 'Big Brother' do sinn, dee kontrolléiert, mee den Enseignant brauch awer ee Leadershipping, an déi Enseignanten, déi vill gutt maachen, musse valoriséiert a gewäertschätzt ginn. D'Enseignantë kéinte sech méi géigesäiteg Feedback ginn (Hospitatiounen) a sech géigesäiteg am Team stäerken
  - Fir transversal ze schaffen, brauch ee méi Personal (vläit och extern Experten) a méi Ausbildung. 2 Enseignanten an der Klass? Stäerkten verdeelen. Co-Teaching ass awer och net onbedéngt d'Léisung, d'Chimie muss stëmmen, och vun den Approchen, wat mécht een dann, wann deen een Enseignant Frontalunterrecht mécht?
- Anciennetéit
  - Anciennetéit ass ee Stolpersteen → du kanns Saachen ofginn, déi net bequem sinn, dat ass een Anti-Team-Denken, do kuckt jiddereen no sech
- Erofsetze vun der Tâche/de Stonnen vum Enseignant
  - Den Enseignant brauch d'Kapazitéite fir Projeten, Visiten & fächeriwwergräifend Schaffen (mat aneren Enseignantë) kënnen ëmzesetzen

- Formatioun 'Transversaalt Schaffen'
  - Vill Enseignanten hunn d'Skills net, fir esou ze schaffen. Gläichzäiteg gëtt et de Moment nach e grousse Mentalitéitsproblem, et ass keng Kultur do, fir partizipativ an transversal ze schaffen
- Stress
  - Stress = Stolpersteen fir transversal ze denken. Jiddereen ass anescht stressresistent a verschafft et anescht. An der Klass mat den aktuelle Reegelen ass Stress. Roueg sinn, sëtzen, d'Schell geet gläich etc. D 'Kanner solle méi frou sinn
- Elteren
  - D'Eltere si rassuréiert, wann de Stonneplang nach esou ass, wéi si e kennen. Et ass schwiereg fir si, dass d'Zukunft eppes anescht fuerdert. En anere System destabiliséiert a veronséchert si
  - Spéitstens am C4, wann et ëm d'Épreuven an d'Orientatioun geet, sinn d'Elteren ganz frou, wann ee sech rigid un de Stonneplang an d'Fächer hält.
  - Heefegt Argument vun Elteren: "Aus mir ass jo och eppes ginn."
- Trace/Drock vum Buch
  - Den Enseignant huet Problemer, sech vum Buch a vun de Fichen ze léisen, well si den Elteren wëllen/mussen Trace virleeën an eng Réckmeldung zum Kand wëlle ginn. Et ass vill méi einfach, de Stand vum Schüler ze weisen, wann een e Blat mat Exercicer huet an eng Prüfung op 60. Transversal Kompetenzen kann ee net esou 'beleeën', ewéi franséisch Vokabelen
- Evaluatioun
  - Wéi sollen d'transversal Kompetenzen evaluéiert ginn? Dat ass ee Stolpersteen. Bei de Niewefächer gëtt de Moment oft mol näischt geschriwwen, just de Bilan ausgefëllt. De Fokus ass op den Haaptfächer. Evaluatioun gëtt deem Ganzen awer ee Wäert an eng Wichtegkeet, dofir gouf eng Evaluatioun vun transversale Kompetenzen duerchaus als positiv ugesinn. Och fir d'Orientatioun
  - Am Technicien/Formation professionelle ass 1/10 vun der Nott op de soziale Kompetenzen: Respekt an Héiflechkeet, ënnert sech a virum Enseignant, Pénktlechkeet, ...
- Transversal Kompetenzen fir d'Orientatioun
  - Fir dës doduerch an hirem Wäert ze hiewen. Se sollen eng Roll spillen.
- Formal/Non-formal
  - Déi transversal Kompetenzen ginn de Moment éischter un d'Maison-Relais weidergeleet/ofginn
- Infrastrukturen
  - Et muss och de richtege Raum do sinn fir transversal kënnen ze schaffen

## 2.4. Hëllef

- Brécke-bildend an prakteschbezunn Enseignanten
  - Tëschent Fächer a Kompetenzen, vernetzen, Lien maachen kënnen. D'Schüler verhalen et besser, wann si Links zu anere Saachen an der Realitéit kënne maachen an interesséieren sech och éischter dofir.
  - Den Enseignant soll net dierfen aus de Bicher liewen, e misst 1 Joer an d'Privatwiertschaft goen fir d'Realitéit ze erliewen an och méi realitéitsgebonne kënnen Unterrecht ze halen.
  - Den Unterrecht muss un d'Aktualitéit ugebonne ginn. Mir schwätze vill iwwer Saachen, déi net reell sinn.
  - Et brauch liewenspraktesch Inhalter.
- Méi taktilt Behuelen
  - Vill Schüler hunn ee generelle Manque un Zouwennung. D'Schüler mussen ëmmer als Mënschen gesi ginn, net just als Aarbecht oder Objeten.
- Cyclesklassen
- Concertatioune fir Debriefing notzen. Wéi eng Kompetenzberäicher goufe behandelt, wéi eng net?
- Team
- 2 Enseignanten/Co-Teaching an enger Klass
  - Fir transversal kënnen ze schaffen, muss ee méi Zäit hunn oder zu zwee sinn. Dat kann och een Éducateur sinn.
  - Gläichzäiteg soten d'Participanten awer och, dass transversaalt Schaffen méi einfach ass, wann een alleng an der Klass ass an e puer Fächer hält – well een da méi flexibel mam Stonneplang kann ëmgoe, Saachen an aner Fächer abaue kann etc.
  - Opdeelung vun de Stonnen vum Enseignant. Notioun vum Titulaire de classe an Surnuméraire an der Klass. An der Schwäiz ass dat anescht. Do ass méi d'Notioun vum Cotitulaire, dee méi present ass an der Klass. → Hierarchie vun den Titelen: et gëtt net onbedéngt als gläcklech empfont, dass et heinsdo eriwwer kënnt, dass Titulairen méi wäert sinn wéi Surnuméraire. Dat spigelt sech och an de Bilansgespréicher, wou d'Surnumérairen nëmme seelen deel huelen.
- Co-Titulaire, méi an der Klass
- Hospitatioun
- Elteren
  - Elteren kënnen esouwuel eng Hëllef ewéi och ee Stolpersteen sinn

- Formal/Non-formal
  - Dat war och e bëssen d'Diskussioun 'en Éducateur an der Klass', deen eng aner Perspektiv op d'Kand huet an och an der Maison-Relais eng aner Perspektiv op d'Kand huet. Mee dat funktionéiert landeswäit ënnerschiddlech gutt → Éducateur mat am Elteregespréich, z. B. et gouf och d'Beispill genannt vum Lycée Ermesinde, wou den Enseignant, deen do war zesumme mam Éducateur Cours hält a wou dat ganz gutt funktionéiert, wou hien och keen Ënnerscheed mécht tëscht Enseignant an Éducateur.
- Enfants à besoins spécifiques → Pilier transversal Kompetenzen
  - Bei Kanner mat spezifesche Besoinen gëtt de Fokus op déi transveral Kompetenzen geluecht, do zielt de Mënsch.

## 2.5. Zesummefaassung

- Ënnert sech transversal eens ginn (Schüler & Enseignanten).
- Harmoniséierung vun Sozialkompetenzen/Schichten zum Wuel vun all Kompetenz an dem Mënsch.
  - Hierarchien an der Gesellschaft opbriechen.
- Selbstkompetenzen bei Schüler an och Enseignantë wichteg.
- Achtsamkeet an Léisungsorientéierung wichteg.
- Essayer de créer un cadre moins ridige aussi bien pour l'étudiant que pour l'enseignant permettant le développement de soi-même et du savoir en mettant en avant-plan les valeurs humaines!
- Et brauch Zäit a Raum fir d'Ëmsetzung vun transversale Kompetenzen.
- Opbrieche vum Stonneplang a vun de Fächer.
- Transversal Kompetenzen am Vierdergrond.
- Transversal Kompetenzen als Ausgangspunkt fir d'Unterrechtsplanung.
- Transversal Pilieren als Schoul festleeën.
- Fächeriwwergräifend Schaffen.
- Projektwochen – Friday.
- Méi Leit vun baussen an de Klassesall loossen.
- Evaluatioun als Wäertschätzung
  - Wann eppes evaluéiert gëtt, gëtt deem e Wäert an eng Wichtegkeet bäigemooss, dofir wier d'Evaluatioun vun transversale Kompetenzen positiv.

# 3. Atelier B: Transversaalt Schaffen am Schoulalldag

Déi nofollgend Stéchwierder sinn engersäits d'Post-its, déi d' Participantenwärend dem CoLab geschriwwen hunn an anerersäits sinn et d'Matschrëften vum Notetaker aus der Curriculumsdivisioun.

## 3.1. Beispiller vun transversalen Aktivitéiten

- "Chanson Gaston"
  - An dësem Lidd kommen Zuelen der Rei no an alles wat hien ësst dat reimt och nach.
  - Dobäi léiert een d'Zuelen vun 1-20 op Franséisch, Musek an Nomen.
- Bild "Kuckuck":
  - Ausgehend vum Bild kënnen verschidden Aktivitéite gemeet ginn:
  - Der Pullover ist: weich, kuschelig → Adjektiv eraussichen, wat net bei d'Ee passt.
  - Falscht Ee am Nascht vum Kuckuck → am Dictionnaire nokucken, ob dat wierklech esou ass, dass den Kuckuck en Ee an e friemt Nascht leeë geet.
  - Mat der VieSo kombinéieren → E Kand stellt eng Fro: Wéi ass dat méiglech, dass een alles däerf virdrun liquidéieren? → een ongeplangten Moment opgräifen → iwwert dat schwätzen, wat d'Kanner grad interesséiert.
- "Längenmaße" am Sport
  - cm, m etc. am Sport léieren: Dat heiten ass ee Meter, wien spréngt am wäitsten?
- Aktivitéit " Herbst + Coding"
  - Beispill aus dem C.2.2: de Schoulmeeschter hat den Igel gesinn
  - Coding: de Wee vum Igel bis bei säin lessen. Op engem Blat Feiler notéieren.
  - Fro: Sciences + Coding → wou passt dat hin? Et ass nach kee speziellt Fach.
- Theater: Konfrontatioun virun neutralem Publikum
  - Transversal: Et léiert een exterioriséieren: et muss een sech mat engem/mam Friemen kon-frontéieren.
- "Jeu de pistes" am neie Franséischbuch (Leçon 4, Unité 3)
  - Den Dagesoflaf vun enger Figur ass ofgebild
  - Transversal: Kombinatioun vun visuell eppes sichen, Franséisch, Sciences.

- "Texte de lecture" op Franséisch
  - Elementer aus der Geo, Sciences, Geschicht etc. sinn am Text mat agebaut.
  - Et kann een an enger anerer Stonn doriwwer schwätzen, den Text ass esou gemeet, dass en och an aner Fächer ka benotzt ginn.
  - Och am C3 huet een ganz vill Méiglechkeeten mat Experimenter etc. D'Kanner stelle Froen iwwer Saachen, déi si interesséieren an dorauser kënnen Iddien entstoen fir aner Aktivitéiten.
- Projet Bësch ronderëm de Wuertschatz
  - Aktivitéiten ronderëm de Wuertschatz: An de Bësch goen an d'Wieder am Kontext gesinn, Zielen, Wäitsprong, wéi d'Déieren am Gang, Buch schreiwen, Fotoreportage.
  - Staark Schüler schreiwe ganz Säz, schwaach Schüler puer Wierder.
  - 8 Wochen een Theema, de Fierschter kënnt an d'Klass a beäntwert Froen.
- „Wie hat dir das gefallen?"
  - „Wie hat dir das gefallen?" als Fro a Léierzil fir e Projet de Vie auszeschaffen fir de Schüler
  - Sech matdeelen ass net esou evident, dat muss geléiert ginn. Schüler sinn gewinnt, dass fir si décidéiert gëtt. Si léieren, wéi ginn ech domadder ëm → dat geschitt onofhängeg vum Fach.
  - Wat dobäi gefërdert gëtt ass: d'Selbstkompetenz, d'Balance – Autonomie, Fräiheet, Sécherheet, Limiten erfueren.
- Bewosstsäin? Onbewosst huet een am Alldag schonn ëmmer transversal geschafft.
- Coding
  - D'Informatik am Lycée kann een an zwou Gruppen ënnerdeelen : Informatique appliquée (Office) an Coding
  - Déi, déi gutt am Coding sinn, sinn och déi, déi gutt an der Mathé sinn.
  - Coding ass am Ufank einfach an duerno kommen nëmmen déi ganz gutt weider.
  - Et ass schwéier fir an aner Fächer mat Coding Problemer ze léisen.
  - Beispiller vu Coding-Aktivitéiten: Animatiounen a Spiller codéieren → ganz einfach Spiller sinn ze maachen wéi "Tennis" an "Tetris" → Et stéisst een awer séier u Limitten, et kann ee keng komplex Spiller maachen an deenen een och Inhalter aus anere Fächer abaue kéint fir soumat un engem Theema fachiwwergräifend transversal ze schaffen.
- Apps
  - Am ES: All Schüler huet säin iPad → Gëtt momentan just agesat fir den Teams, Word a Powerpoint.
  - Fro, ob et net och an der Musik oder am Sport agesat gëtt.
  - War an d'Schwäiz kucken, wéi si do schaffen: An der Schwäiz haten d'Kanner schonn all en Ipad. Si hunn all a Projete geschafft, z. B. fir un engem Theaterstéck ze schreiwen, haten déi e Schreifprogramm, en Übungsprogramm, Garage Band an e Grafikprogramm fir Kostümer ze maachen.
  - Et ass einfach wichteg digital Outilen ze benotzen, net well et ouni net geet, mee fir Brécken ze bauen, dofir kéint een se och am Theater benotzen.

> Et ass schwéier Texter ze sichen, déi passen fir a sengem Cours transversal ze schaffen, well een da villäicht schonn ze vir oder ze wäit ass par rapport zum Programm an deenen anere Fächer.
> Iddi fir d'Info ofzeschafen an et dann an anere Fächer ze maachen.
> Setzt viraus, dass een mat de Kollegen schwätzt

## 3.2. Definitioun vum transversale Schaffen

**Transversaalt Schaffen ass:**

- Geplant & ungeplant
- Ënnerschiddlech Niveauen
- Idealerweis am Team (intern + extern)
- Aktivéiert onbewosst verschidde Kompetenzen
- Brauch Flexibilitéit
- Muss als Léieren akzeptéiert ginn
- Alldag am C1
- Dobaussen an dobannen
- Ass e Wee fir e Léierzil ze areechen
- Risiko?
- Manner previsibel
- Motivant
- Mat alle Sënner
- Kann digital sinn

## 3.3. D'Stolpersteng bei der Ëmsetzung vum transversale Schaffen a méiglech Léisungsusätz

### Ëmsetzung vum transversale Schaffen

- Schwieregkeet = Zäit
- Schwieregkeet = Ausbildung & Team
- Schwieregkeet = Bewäertung
    - > **Léisung** =
        - Eigenbewertung
        - Gemeinsame Bewertung
- Schwieregkeet = Bereetschaft vum Enseignant (fäerten, datt se net fäerdeg gi mam Programm)
    - > **Léisung** = Dem Enseignant d'Angscht ewechhuelen

- Schwieregkeet = Kommunikatioun (No bannen an no baussen)
  - **Léisung** = Transparenz (no bannen an no baussen)
- Schwieregkeet = Keng gutt Kooperatioun
  - **Léisung** = Kooperatioun och Intercycle
- Schwieregkeet: Zäit a Raum punktuell festleeën
  - **Léisung** =
    - Positiv eingestelltes Umfeld (Team)
    - Synchronisation
- Schwieregkeet = An all Schoul e gemeinsame Raum (oder Tëscheraum, wou all d'Klassen zesumme kommen)
- Schwieregkeet = Zäit (All Fach fest pro Stonn)
  - **Léisung =**
    - VieSo
    - Konkret a flexibel am Alldag agesat
- Schwieregkeet = The Programm
  - **Léisung =**
    - Programm soll e Partner sinn → Projet als Zil
    - Ideenkatalog (didakt. Material)
    - Methodenvielfalt
    - Projektorientierung

## Diskussiounspunkten aus den Ënnergruppen vum grousse Grupp

- Andeelen vun der Aarbecht fir am Team transversal schaffen ze kënnen
  - Problem am Secondaire: et gi keng Fichen, fir dass d'Enseignantë sech andeele kënnen, wien ass fir wat zoustänneg.
  - Teamaarbecht → Zäit fannen fir transversal ze schaffen: Teamfäegkeet ass de Problem an och d'Léisung dann wier d'Zäit keen Theema.
- Bewäertung als Schwieregkeet
  - Schwieregkeet Bewäertung: Theaterstéck: et kuckt een déi eenzel Elementer vun de Fächer, déi dra fléissen → wéi bewäerts du dann elo de Schüler pro Fach, et ass projetsorientéiert, d'Resultat zielt mee de Wee och.
  - Am Fondamental PE Kader, Ënnerscheed am Secondaire: fachorientéiert.
  - Et gi keng transversal Kompetenze fir d'Info: fachspezifesch nëmmen.
  - Soulaang een an engem Bilan muss pro Fach ausfëllen, bleiwe mer dobäi, dass deen, deen zoustänneg ass fir säi Fach, säi Fach bewäert → am Fondamental gesi mir de Schüler a méi Fächer.
  - Et kann een net mat engem Projet soen, ech hu meng Premiere gepackt.
- Ideenkatalog/didaktescht Material

  - Et feelt de Leit u Beispiller, well si soss fäerten d'Kontroll ze verléieren, si fillen sech méi sécher, wann si am Buch eppes kënnen nokucken an ouni schlecht Gefill, dass si de Programm net anhalen.
- Schaffen am Team als Viraussetzung fir transversaalt Schaffen.
  - Team ass eng Viraussetzung fir transversaalt Schaffen → Kommunikatioun kann ee Problem sinn, Transparenz hirstellen, et kann ee sech ënnerstëtzen, sech géigesäiteg d'Angscht huelen.
- Zäit an Synchronisatioun ass néideg.
  - Net nëmmen Zäit mee och Synchronisatioun → am Team schaffen → dat muss een och wëllen → ass bei de Proffen net ëmmer ginn.
  - Wann ee géif a Projeten schaffen an dann hätt een 3 Deeg hannerteneen nëmme Mathé gemaach, dat misst méiglech sinn, dat wier sënnvoll → do steet den fixen Stonneplang am Wee.
- Iwwer Kompetenzen schwätzen, déi een als Zil huet.
  - Do muss ee vu Kompetenzen schwätzen, déi eist Zil sinn.
- Verschidden Enseignantë brauchen ganz kloer Beispiller, wat ee muss maachen fir hinnen d'Angscht ewech ze huelen.
  - Verschidden Enseignantë brauche ganz kloer, wat ee muss maachen, transversaalt Schaffen kann beängstegend sinn.
- Methodenvielfalt fir dass jiddereen Säint fënnt, souwuel d'Kanner wéi d'Enseignanten.
  - Permanent transversal ze schaffen ass vläicht e bëssen eng Utopie → Kanner an Enseignantë brauchen méi oder manner Struktur → eng Fro vun Dosage.
  - Den C1 schafft mat Themen déi ganzen Zäiten.
  - Didaktische Abschnittsplanung → Klassen sichen sech fachiwwergräifend → all Enseignant muss sech zu dem Theema eppes dra fannen iwwer 6 Wochen.
  - Wann een 1 Theema huet iwwer 6 Wochen, wat engem Schüler guer net gefält → Risiko?
  - Frontal géint Projet → net all d'Schüler gi mat allem eens, och Proffen spieren sech méi oder manner eens mat enger Aarbechtsform → dat eent schléisst dat anert net aus → och e Schüler ka säi Plang maachen → Methodevielfalt.
  - Vun der Fro ausgoen: Wéi eng Liewenssituatiounen hunn eis Schüler? → ëmmer vum Schüler aus ze kucken.
  - BIG IDEAS → sichen sech eppes eraus → wéi passt mäi Contenu zu dëser Big Idea.
  - U konkrete Situatioune schaffen, mee du bleifs an dengem Fach.
  - D'Iddi ass opkomm fir och am EF een Enseignant an alle Cyclen Franséisch enseignéiere ze loossen, wann him dat besser läit. Géigenargument → Eng Bezuchspersoun wichteg fir d'Kanner.

## 3.4. Wichtegsten Punkten

**Wichtegkeet vun der Ausso op enger Skala vun 1 bis 5: (vun de Participanten bestëmmt)**
**1 = Am mannste wichteg / 5 = Am wichtegsten**

- Ideenkatalog (didakt. Material) **(5)**
- Idealerweis am Team (intern an extern) **(4)**
- Muss als Léieren akzeptéiert sinn och bei den Elteren **(4)**
- Kooperatioun och intercylce **(3)**
- Kommunikatioun **(3)**
- Ass e Wee fir e Léierzil ze areechen **(2)**
- Programm soll e Partner sinn (Projet als Zil) **(2)**
- Transparenz (no bannen a no baussen) **(1)**
- Eigenbewertung, gemeinsame Bewertung? **(1)**
- An all Schoul e gemeinsame Raum **(1)**
- Positiv eigestelltes Umfeld (Team), Synchronisation **(1)**

# 4. Atelier C: Projeten & Initiativen an der Schoul

Déi nofollgend Stéchwierder sinn engersäits d'Post-its, déi d'Participanten wärend dem CoLab geschriwwen hunn an anerersäits sinn et d'Matschrëften vum Notetaker aus der Curriculumsdivisioun.

## 4.1. Diskussioun

- Et geet ee groussen Drock vun den Épreuves communes aus, dës hënneren den Enseignant um Ausschaffe vun transversale Projeten, wëll dann d'Gefill entsteet aner Theematiken (Grammaire, Textanalysen, ...) bleiwen op der Streck.
- An den Épreuves communes gëtt d'Grammaire an dat "traditionellt" Wëssen ze vill prioriséiert.
- An der CDI ginn freides "Ateliere" gemaach, dës Atelieren hunn d'Zil op d'Aarbechtswelt virzebereeden an sinn deemno ganz transversal.
- Wichteg sinn déi sougenannte SoftSkills oder d'Big Ideas (Strategien entwéckelen, problemléisend iwwerleeën, ...), och d'Empathie ass wichteg
- Transversalitéit war fréier nëmmen "Komm mir man e bësse Mathé am Franséischen" haut si mer awer scho wäit dervu fort an denken bei Transversalitéiet un déi Ganzheetlechkeet beim Kand (Geescht, Kierper, Emotiounen). Mir mussen Grondwäerter vermëttelen, de Kanner hier Stäerke stäerken. De 4K-Modell (Kommunikation, Kollaboration, Kreativität a kritisches Denken) ass eng gutt Hëllefstellung.
- Och ass eng gewëssen Reflexivitéit wichteg, fir kënne gutt transversal ze schaffen, et muss een iwwer d'"Léieren" nodenken, de Schüler muss léiere Léieren an och dës Reflexivitéiet kënne uwenden. Dëst steet ënner aneren och schonn am aktuelle Plan d'Etudes an de "compétences transversales": apprendre à apprendre. Wichteg wier, dass de Schüler léiert, wéi hien sech selwer kann hëllefen: am Team schaffen, selwer kënne reflektéieren, verschidde Methoden uwennen fir sech selwer kënnen ze hëllefen. Et gouf och iwwert d'Plaz vum Feeler geschwat, dass et wichteg ass, dass de Schüler léiert Feeler ze maachen an aus däsen ze léieren. De Feeler däerf net méi esou negativ ugesi ginn an huet seng Platz am Léierprozess.
- Via d'Transversalitéit kann ee wichteg Wäerter vermëttelen, hei ass d'Wuert "Haltung" gefall: de Schüler soll och selbstbestëmmen a matbestëmmen dierfen.
- Eng wichteg Fro, déi sech den Enseignant vu muer muss stellen, ass: "Wou steiert d'Gesellschaft hin? Wéi eng Beruffer ginn et 2050?" Fir de Schüler ginn et ganz vill Fragezeichen, an hie muss léieren mat dëser Onsécherheet viru senger Zukunft eens ze ginn. Ënner anerem kann hei de 4K-Modell (Kommunikation, Kollaboratioun, Kreativitéit a kritisches Denken) de Schüler, déi néideg Kompetenzen vermëttelen fir sech op seng Zukunft virzebereeden.
- Transversalitéit ass de Mënsch am Aklang mat senger Ëmwelt eescht ze huelen. Transversalitéit muss kontextgebonne sinn a virun allem muss d'Leieren erëm Sënn erginn.
- Wat gëtt et schonns un transversale Projeten am EF: Et gi Portfolio, oder Kreativ-Woche gemaach (Projet am CDI), Theater mam ganze Cycle. Am grousse Ganzen gouf betount, dass

"Transversal schaffen" an eisem aktuelle System ganz schwéier ëmzesetzen ass. Et gëtt, och am Enseignement Fondamental, ëmmer méi a Fächer geduecht (ee gefächerten Unterrecht). Ee Participant huet vum "4-1ser-Tyrannei" geschwat: eng (1) Klass, mécht ee (1) Cours mat engem (1) Enseignant während enger (1) Stonn. Op der anerer Säit sinn ze vill Intervenanten an enger Klass och ee Stolpersteen, deen der Transversalitéit am Wee steet. Den Enseignant muss och gestäerkt ginn an zu Transversalitéit ënnerstëtzt ginn, dem seng Onsécherheet ass och ee vun de Stolpersteng. Ee weidere wichtege Facteur ass d'Erwaardungshaltung vun den Elteren: Gëtt et keng Trace, keng Hausaufgab fäerten si, dass d'Kand näischt léiert. Dee Moment brauch een als Enseignant, deen meeschtens een Eenzelkämpfer ass, wann et ëm d'transversaalt Schaffe geet. Dëse brauch also ee "breede Bockel" a wichteg wier hei och d'Wëssen iwwert d'Ënnerstëtzung vun der Direktioun (z. B.) bei esou Projeten.

- D'"Bicherschaffen" ass ee grousse Problem am Schoulhalen, et ass wichteg ze wëssen, dass d'Buch net de Plan d'études wier. Genau wéi de "Contenu recommandé" aus dem Plan d'études net de "Contenu obligatoire" ass.
- Ëmmer erëm sinn d'Épreuves communes als Stolperstee gefall, hei gouf awer och ugemierkt, dass bei den Mathespépreuven schonn Ännerunge komm sinn: hei ass net méi nëmmen d'Léisung dat Wichtegst, mee och de Léisungswee. Leider géifen d'Épreuves communes regelméisseg als Excuse geholl ginn fir net mussen transversal ze schaffen.
- Och misst d'Orientéierung méi transversal gebonne sinn an eventuell mat Hëllef vun engem Portfolio geschéien an net méi iwwert d'Épreuves communes.
- Inspiratioun fir Transversalitéit kann een och an anere Schoule fannen: Green School, Summerhill, Sudbury, mee och an eisem Schoulsystem ginn et vill Méiglechkeeten an Tools fir Transversalitéit an der Schoul ze fuerderen, et géif awer un der Ëmsetzung feelen. De PDS ass ee vun esou Tools, esou sinn iwwert dee Wee nei Iddien entstanen an och nei Projeten koumen an d'Rullen.
- Awer och den Plan d'études wier ee gudden Tool fir transversal Projeten ze maachen. Dëse géif a senger aktueller Form genuch Fräiheete loossen fir esou Projeten ze ënnerstëtzen. Allerdéngs kinnt een envisagéieren fir méi Fächer zesummen ze leeën, sou gouf vu Sproochenunterricht (an net méi vun Däitsch a Franséisch) a vu Geeschteswëssenschaften geschwat. Vun all Fach missten grondleeënd Kompetenzen festgeluecht ginn, fir dass op ee Bléck kloer ass, wat vermëttelt soll ginn.
- Ee weideren Tool, dee schonn existéiert a ganz gutt fir Transversalitéit benotzt ka ginn, sinn d'Hospitatioune an d'Regrouement entre pairs. Esou kann ee bei aneren Enseignanten Iddien sammele goen fir selwer méi mat der Transversalitéit ze schaffen. Esou ass och eng Vernetzung vu verschiddene Schoule méiglech, wat der Transversalitéit erëm zu gutt kéim an och Projeten iwwert d' Schoulgrenze eraus fërdere kinnt.
- Am Gesetz soll vun Schoulautonomie geschwat ginn, d'Schoulen hätten Fräiheeten oder géifen a verschiddene Punkten Autonomie hunn, leider ginn et ëmmer erëm Instanzen, déi dertëschent "grätschen" an dës Autonomie net fuerderen. Ass et eng Diskussioun ëm "Verantwortung iwwerhuelen" fäerte verschidden Instanzen si géifen Verantwortung verléieren? Brauche mer eng Lehrmittelfreiheit?
- Beim Theema "Verantwortung" war de Grupp och hänke bliwwen, am Theema Transversalitéit, gëtt den Enseignant gären Verantwortung of. Doduerch, dass eventuell Géigewand entstoe kinnt,

ass et méi einfach d'Verantwortung guer net eréischt ze iwwerhuelen. Leider wier dat ee fatale Feeler, deen net nëmmen beim Enseignant läit, mee gesamtgesellschaftlech unzegoen ass. Den Enseignant soll de Kanner vermëttelen, wéi een Verantwortung iwwerhuele soll, mee hien ass selwer net kapabel dës ze iwwerhuelen.

- Eng rhetoresch Fro gouf vun engem Participant gestallt: Wéini kéim et zu méi Transversalitéit an der Schoul? – Soubal et Schluss ass mam Drock a mam Bewäerten, et misst ee Paradigmewiessel entstoen.
- Bei "Drock" a "Bewäerten" koum een op d'Theema vum Bilan ze schwätzen: de Bilan misst ugepasst ginn. Et dierft een net méi tëschen Haapt- an Niewefächer ënnerscheeden, respektiv, sollten dës Begrëffer ganz verschwannen. Och misst d'Transversalitéit am Bilan berücksichtegt ginn an evaluéiert ginn. Et dierft een net nëmmen déi kognitiv Kompetenzen evaluéieren, mee och méi global evaluéieren, wat et géif erlaben d'Transversalitéit méi ranzebréngen. Et misste manner Situations d'évaluation gekuckt ginn a méi sougenannten Situations d'apprentissage. (Hei an do) ginn et Kompetenzen, déi sinn méi wichteg wéi Grammaire, ...
- Et misst een d'Schüler och méi un hire Stäerken evaluéieren an dës dann och beim Bilansgespréich zum Ausdrock bréngen: ass ee Schüler ganz gutt a senge Fächer dann gëtt net weider vill geschwat, obwuel grad dësen misst gestäerkt ginn.

## 4.2. Weider Remarken

- Berichter verfaassen
- Ee Kommentar vun engem Enseignant aus dem ES. D'Schüler géife sech ganz schwéier doen, Berichter ze schreiwen, Recherchen (kritesch) ze maachen asw., obwuel dëst ganz wichteg transversal Kompetenzen wieren.
- Teamfäegkeet
- Ass och eng ganz wichteg transversal Kompetenz, déi iwwert déi ganz schoulesch a berufflech Karriär ëmmer erëm gefuerdert gëtt.
- Op aner Kulturen agoen
- Transversalitéit heescht net "nëmmen" a senger Bulle de Confort ze bleiwen, mee och ze léieren wei et anerwäerts gemaach gëtt, dëst ze vermëttelen wier dem Enseignant säin Job.
- Exemplaresch schaffen
- Um Enseignant wier et esou ze schaffen, wéi hien gären d'Wäerter vermëttelt, doduerch muss hien mam "gudde Beispill" virgoen.

## Bestandsopnam

- Vakanz notzen – Preparatioune 40h - Woch
  - Hei ass et dorëms gaangen, dass et leider ëmmer erëm Enseignantë ginn, déi d'Vakanz net notzen, fir eppes Transversales ze preparéieren, och wann dat an eisem Beruff ganz gutt méiglech wier. Och géif heiansdo vergiess ginn, dass een ee 40h-Job hätt.

## Zukunft

- Aktivitéiten uginn anstatt didaktescht Material
  - Am neie Plan d'études sollte keng Bicher oder Exercicer ugebuede ginn. Dëst géif den Enseignant herno als Contenue obligatoire ugesinn. Besser wieren Iddien fir Aktivitéiten esou misst den Enseignant sech weiderhin mat dësen ausernee setzen a kéint et net tel quel a säi Cours iwwerhuelen.
- Manner Fächer
- Aus Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch, ... soll d'Fach "Sproochen" entstoen an do solle fundamental Kompetenzen festgehale ginn.
- Vill Elterenaarbecht fir opzeklären
- Fir transversal Projeten gutt  kënnen ëmzesetzen, muss vill Elterenaarbecht bedriwwe ginn, et muss een d'Elteren informéieren an erklären, dass och wa keng Grammaire (en direkt) geschafft gëtt, trotzdem liewenswichteg Kompetenzen entwéckelt ginn.
- Formation initiale
- Do muss de Grondsteen fir esou ee Mind-Set geluecht ginn, och muss den "neien" Plan d'études do ganz fréi theematiséiert ginn an un der Kommunikatioun mat de verschiddenen Acteure (Elteren, Direktioun, ...) muss méi geschafft ginn.
- Professionell Hëllef fir PE op de Kontext unzepassen
- D'Erëmaféieren vum IR (Instituteur Ressource) fir d'Enseignanten am Ëmsetzen vun transversale Projeten ze ënnerstëtzen.

## Wonschziedel

- Ëmsetzen, wat et scho geet
  - Den aktuellen Plan d'études gëtt scho vill hier an do ass scho ganz vill méiglech et misst just ëmgesat ginn.
- Total Fräiheet – wat géif geschéien?
  - Eng Participante huet d'Fro an de Raum gestallt, wat géif geschéien, wann een den Enseignantë géif soen, ab muer muss der Iech u kee PE méi halen? Géif dat der Transversalitéit hëllefen?
- Entspanung vun allen Acteure
  - Et ass ganz vill Drock op de Schüler, den Enseignanten, der Direktioun, den Elteren, ... et muss een e bësse méi entspanen. Da sinn och erëm Projeten, déi voller Transversalitéit sinn méiglech.

- D'Kand mat sech selwer vergläichen
  - Et muss ee weg vun dem "Kanner mat Kanner vergläichen"-Gedanke kommen, dëse géif net der Ganzheetlechkeet vum eenzelne Kand gerecht ginn.
- Keng Formaliséierung vun de Prozesser
- Ëmsetzung um Terrain – Formation iwwer e puer Joer
  - Dëst war virun allem gesot ginn am Hibléck op en néien PE. Wann dësen erëm ze séier an ze abrupt op den Terrain bruecht géif, da wier erëm ee Problem mat der Ëmsetzung.

# 5. Gruppenaussoen aus dem Online-CoLab

Am Online-CoLab, deen den 29. November iwwer Teams stattfonnt huet, hunn d'Participanten no enger Introduktioun vum SCRIPT a klenge Gruppen vu 4 bis 5 Leit zesummen diskutéiert. Als Diskussiounsgrondlag kruten d'Participanten ee Word-Dokument mat verschiddene Froestellungen, déi nofolgend d'Ënnerkapitelen duerstellen. An dësen Ënnerkapitelen sinn d'Äntwerten vun den insgesamt 25 Klenggruppen a Stéchwierder festgehalen.

D'Participanten sollten déi Aussoen, déi fir si besonneg wichteg oder prioritär waren, extra ervirhiewen. An dëser Annexe sinn déi Aussoen giel markéiert.

## 5.1. Gemeinsam Definitioun vum Begrëff 'Transversalitéit'

***Grupp 1***

- Fachiwwergräifend, sënnvollt an liewensnot Léieren
- Am Projet léieren
- Op Interesse vun den SuS agoen

***Grupp 2***

- Begräifen alles mat an, onofhängeg vum Fach
- Oniwwersiichtlech am Plan d'études: immens schwiereg fir den Elteren dat ze erklären an eng konkret Nott drop ze ginn
- Kann een iwwerall ëmmer erëm asetzen, an engem anere Kontext (a verschiddene Sproochen oder verschiddene Fächer)
- Computational thinking, 21st century skills
- Kleng ufänken, am Précoce, do fänkt ee mat ganz klenge Schrëtt un

- All Theema dat behandelt gëtt, gëtt transversal ugepak (och e Sachtext schléisst automatesch Niewefächer mat an wéi Geographie oder Geschicht)

***Grupp 3***

- Fachiwwergräifend Schaffen
- Selbstänneg schaffen
- An Projet schaffen
- Aner Methoden
- Vill verschidden Kompetenzen abezéien
- Liewensorientéirend

***Grupp 4***

- Iwwerschneidung vu Fächer
- Fachiwwergräifend Schaffen
- Theemeniwwergräifend

***Grupp 5***

- Interdisziplinäert Schaffen
- Multikompetenzen
- Uwenne vu Wëssen a Kompetenzen uechtert d 'ganz schoulesch Ëmfeld

***Grupp 6***

- Fachiwwergräifend ouni, dass Fächer definéiert sinn
- Kompetenzen, déi net fachspezifesch sinn, déi verschidde Beräicher betreffen kënnen

***Grupp 7***

- Fächerübergreifend arbeiten
- Soziale Themen miteinbeziehen
- Transversale Kompetenzen miteinbauen
- Aktuelles in den Unterricht miteinbeziehen

***Grupp 8***

- Fachiwwergräifend Schaffen: Duerch d'Vermëschen vu verschiddene Fächer, soll een sech vun enger fixer Stonnenunzuel léisen → méi Flexibilitéit am Stonneplang
- Viraussetzend Kompetenzen fir opbauend Zieler ze erreechen
- Zukunfsorietéiert Kompetenzen
- Wichtegkeet op sozial Kompetenzen

- Selbstreflexionskompetenzen
- Adaptéieren un néi Situatiounen
- Integratioun vun de Medien als Outil
- Och inklusiv beduecht fir Kanner mat speziellem Förderbedarf

***Grupp 9***

- Fächeriwwergräifend
- Projet-baséiert Léieren, Concours (Jeunes journalistes, ...)
- Prozesser an deene Wäerter, Iddien an Approchë verschmëlzen
- Iwwert Grenze vun der Schoul eraus, formal a non-formal Bildung
- Nei Definitioun vu Flexibilitéit, eenzel Fächer verschmëlzen
- Mix vu Kompetenzen
- Erausfuerderung fir d'Schoul duerch Changementer an der Gesellschaft
- Changementer duerch Wiessel vun de Generatioune
- Facettëräich

***Grupp 10***

- D'Verbindung tëschent verschiddene Fächer, Disziplinnen an oder Kompetenzen d'Iwwerschneidungen vun Theemen a Projeten
- Bsp.: Mir spillen Theater (liesen, schwätzen)
- Bsp.: Mir plangen e Fest: Wat brauche mer u Material? Rechnen, wéi vill een dofir ausgi muss asw.
- D'Theema u sech kann schonn transversal sinn, well et breet gefächert ass an verschidde Beräicher betrëfft (Journalismus, Mediekompetenz).

***Grupp 11***

- Sozial Kompetenzen, fächeriwwergräifend, Coding

***Grupp 12***

- Fächeriwwergräifend: dass ee mat Theeme schafft an net mat eenzele Fächer
- Méi einfach am Enseignement Fondamental

***Grupp 13***

- Fachiwwergreifenden Unterrecht mat vernetzen Theemen
- Léierziler tëschent deenen diversen Haapt- a Niewefächer verbannen
- Keng örtlech Begrenzung(en): Ausserhalb vun de Raimlechkeeten/de Klassen/den Cyclen (cycleiwwergräifend)/de Fächer, ...
- Intensiven Austausch tëschent sämtlechen Acteuren vun all de Cyclen/Klassen

- Laangfristege (Léier) Prozess
- Léierprozess ouni disziplinaresch Grenzen
- Austausch/Zesummenaarbecht tëschent den Acteuren ausserhalb vun der Schoul

***Grupp 14***

- Fächerübergreifender Unterricht
- Projekt zu einem bestimmten Thema (z. B. Märchen)
- Ausserschulische Aktivitäten zu einem bestimmten Thema
- Experte in die Klasse einladen

***Grupp 15***

- Eng Kompetenz, déi iwwert verschidde Beräicher kann a soll geschafft ginn.

***Grupp 16***

- Verschidden Fächer matenee kombinéieren, mam Ziel, dass en duerch ënnerschiddlech Methode Kompetenzen areecht.

***Grupp 17***

- Komplexitéit vun der Gesellschaft an d'Schoul bréngen
- Zesummenhäng & Interaktiounen tëscht den Disziplinnen erkennen a vereenen

***Grupp 18***

- Anescht ënnerriichten
- Fächeriwwergräifend
- Alternativen ausprobéieren
- Méi onofhängeg vum Stonneplang ginn
- Méi op d'Bedierfnisser vun de Schüler agoen, och eventuell mat méi Personal
- Méi Freed um Léieren
- Méi Praxis aus dem richtegen Alldag, méi reell Situatioune schafen

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Paraschoulesch Aktivitéiten, déi net un d'Fächer gebonne sinn, mee awer d'Kenntnisser an Kompetenzen vun verschiddenen Fächer mat aschléissen a fuerderen
- Fächeriwwergreifend
- D'Emotionalitéit an déi sozial Kompetenzen vun den Kanner spillen och eng grouss Roll
- Kanner op zukënfteg Aarbechtsplazen virbereeden → mat den néidegen Kompetenzen

***Grupp 21***

- Fachiwwergräifend Projeten an Aktivitéiten, déi de Schüler Spaass maachen

***Grupp 22***

- Transversalitéit bedeit fir eis kompetenziwwergräifend Schaffen an doduerch d'Kanner an hiren Denkprozesser ze fuerderen.
- Transversalitéit bedeit de Kanner hir Sozialkompetenzen ze fuerderen unhand vun Aktivitéiten baséierend op den 4K Skills (Kreativitéit, Kommunikatioun, Kollaboratioun a kritescht Denken.

***Grupp 23***

- Fachiwwergräifend
- Léieren vum Liewen an Léieren fir d'Liewen
- Verschidden Fäegkeeten entwéckelen an enger Aktivitéit
- Kollaborativ schaffen an entdecken (gemeinsam als Klass an/oder Schoul)
- Baséierent op Projeten
- Kommunikatioun tëschent de Léierpersounen

***Grupp 24***

- Fächer- a kompetenziwwergräifend schaffen
- Eng Kontinuitéit tëscht dem EF an ES fërderen (Transitioun ze abrupt)

***Grupp 25***

- Fächeriwwergräifend

***Grupp 26***

- Fachiwwergräifend

## 5.2. Wéi eng transversal Kompetenze sollen d'Kanner weider entwéckelen?

***Grupp 1***

- Sozio-emotional Kompetenzen: Emphatie, Resilienzfuederung (Ëmfeld, Kreativitéit, ...) Teamfäegkeet
- Autonoomt Schaffen förderen
- Kommunikatioun
- Mediekompetenz, Mediekritik
- Kritesch Denken am Allgemengen
- Selbstvertrauen stäerken duerch Erfollegserliefnisser an Duerchhalevermégen
- Net strikt a stur een Deeltheema nom anere behandelen, mee d'SuS léieren mat komplexe Situatiounen ëmzegoen, d'SuS léieren sech ze adaptéieren, Problemléisung ➜ kognitiv flexibel bleiwen
- Léieren ze léieren, Selbstorganisatioun
- Selbstregulatioun

***Grupp 2***

- Wéi verhalen ech mech ronderëm? Ugepasst Behuelen
- Soziale matenee schaffen an de Gruppenaarbechten (z. B. mat engem schaffen, deen een net sou gären huet)
- Sech upassen (heiansdo muss ee mat aneren zesumme schaffen, da geet et net anescht
- 4-K-Kompetenzen: kritescht Denken, Kommunikatioun, Kollaboratioun, Kreativitéit
- Coding geet ouni déi 4-K-Kompetenzen net
- Frusttoleranz & Gedold
- Gedächtnis
- Authentizitéit (versichen Theemen auszesichen, déi si fesselen, respektiv Theemen, déi méi "langweileg" wierken, op eng méi enthousiastesch Aart a Weis méi no bréngen, dass si sech net sou séier ofwenden an am "Flow" sinn)

***Grupp 3***

- Autonomie
- Kritesch sinn
- Sozial Kompetenzen
- Reflexioun
- Nei Erfarungen
- Eegen Emotiounen reguléiere léieren
- Dat geléiert, méi einfach integréiere kënnen
- Méi Verantwortung

***Grupp 4***

- Erweiderung vum Wëssen iwwert aner Fächer
- Ausschaffen vu Kommunikatioun (Digitaliséierung)
- Fortkomme vun der Digitaliséierung (méi de Fokus op Fächer)
- Matenee schaffen

***Grupp 5***

- Zesummenhängend Léieren
- Eegestännegt Denken
- Allgemeinbildung
- Prett si fir Matière opzehuelen, prett si fir nozelauschteren, ze schaffen, ...
- De Schweinehund iwwerwannen a Léisunge fir Schwieregkeeten/Hindernisser sichen
- Triéiere, wat richteg a falsch ass
- Sech selwer richteg aschätzen
- Kritesch Hannerfroen
- Stressresistenz
- Ausdauerfäegkeet
- Disziplin – exakt a genee wëlle schaffen
- Kommunizéieren a richteg anerer kritiséieren
- Kritesch Selbstreflexioun, Uspréch u sech selwer stellen a wëllen de Maximum leeschten, Seriositéit erkennen
- Intrinsesch Motivatioun

***Grupp 6***

- Sozialkompetenzen (Kommunikatioun (mat Schüler an Enseignanten an alle Fächer), Empathie, Selbstwahrnehmung)
- Mediekompetenzen
- Verantwortungsbewosst fir d'Ëmwelt, d'Gesellschaft a sech selwer
- Kuriositéit
- Sech am Alldag organiséiere kënnen, metakognitiv Fäegkeeten, Lernmethoden

***Grupp 7***

- Autonomie
- Nachschlagen, Recherchieren (Fake News verstehen)
- Entwickeln
- Teamwork (Austausch, Kommunikation, Diskussion, Organisation)
- Forschungssinn

- Emotionen kontrollieren
- Verantwortungsbewusstsein
- Anpassungsfähigkeit (Platz in der Gruppe finden, manchmal vorgegeben)
- Fantasie
- Flexibilität
- Kreativität
- Kritisches Denken

***Grupp 8***

- Zukunftsorientéiert Kompetenzen
- Sozialkompetenzen
- Selbstreflexionskompetenzen
- Ëmgang mat Medien (Programméieren)
- Emotional Kompetenzen
- Bewossten Ëmgang mat der Ëmwelt
- Ressourcenorientéiert Reflexioun

***Grupp 9***

- Selbstvertrauen
- Selbstänneg schaffen, sech d'Wësse selwer uneegnen
- D'Wësse kloer strukturéieren
- Sech selwer andeelen (Zäit), sech fir ënnerschiddlech Kompetenzen ënnerschiddlech Zäit huelen
- 21st century skills, media literacy
- SEE-learning (sozioemotionaalt an ethescht Léieren)
- Verantwortung fir säin eegent Léieren iwwerhuelen

***Grupp 10***

- Denkkompetenz, Sachkompetenz, Selbstkompetenz, Reflexiounskompetenz, Sozialkompetenz a fachlech Kompetenz
- D'Kand soll sech a senger eegener Persoun entwéckelen, sech sengen eegene Stäerkten bewosst sinn, sech selwer verstoen: wéi soll ech mech uleeën? Léieren léieren (wéi léieren ech iwwerhaapt?) → doriwwer schwätzen oder besser nach unhand vun engem Projet, all Kand ass anescht gestréckt: deen een éischter visuell, deen aneren auditiv, Manipulatioun asw.: aner Geleeënheete schafen fir ze leieren: Peer to peer, sech trauen "se lass ze loossen", an der Grupp schaffen loossen: Si wëssen meeschtens besser, wéi si sech et erklären sollen.
- Erfarungen sammelen an dorun erausfannen wat d'Stäerkte sinn

- Individuell Stäerkten vun de Kanner, déi net an eng aner Kompetenz erapassen: Bsp. Handwierklech Kompetenzen: hei kënnen Kanner eng Réussite hunn, déi an anere Kompetenzen net esou staark sinn.
- Sozial Kompetenzen: et ass schued, dass dës net méi gewäertschätzt ginn, am Sënn vun, dass vill Kanner extrem staark an de soziale Kompetenzen sinn an awer an anere Kompetenzen méi schwaach sinn.
- De kritesche Geescht, wéi soll ech iwwer Saachen denken
- Vernetzt Denken: Saachen a Verbindung bréngen (oft gëtt just nach auswenneg Drumme verlaangt, wat awer um Enn net dat Wichtegt ass). Et ass dach méi wichteg, dass e Schüler weess, wou e seng Informatiounen zu verschiddenen Theeme fanne kann.

***Grupp 11***

- Gestion d'émotions, compétence émotionelle, gestion de stress, travail en groupe, travail avec le numérique, Gesundheit, Lebensgemeinschft mit der Natur, Nachhaltigkeit, Sexualität.

***Grupp 12***

- Gruppenaarbecht
- Flexibilitéit
- Connectiounen tëschent verschiddene Fächer
- Konzept-Denken entwéckelen
- Autonomie

***Grupp 13***

- Sozialkompetenzen
- Gruppendynamik/Gruppeliewen/Teamwork
- Autonomie
- Selbstdisziplin
- Medienkompetenzen
- Motivatioun
- Emotional Kompetenzen (Afillverméigen)
- Kritikfäegkeet
- Selbstreflektioun
- Selbstvertrauen/Selbstsécherheet

***Grupp 14***

- Fërdern der Autonomie/Selbstständigkeit
- Neue Situationen erleben/verarbeiten
- Fördern der Neugierde

- Sich intensiv mit einem Thema befassen
- Stärkung der Selbstsicherheit und des Selbstwertgefühls
- Sozialer Zusammenhalt und allgemeine soziale Kompetenzen
- Lösungsansätze finden
- Fördert die (kulturelle) Integration ausländischer Schüler

***Grupp 15***

- Autonomie schafen
- Sozialen Ëmgang
- Motivatioun
- Kanner responsabiliséieren
- Développement personnel
- Deele vun de Kompetenzen mat de Matschüler
- Transférer des compétences d'une situation à une autre
- Sech organiséieren a seng Zäit geréieren
- Sech autoevaluéieren
- Capter, structurer, traiter l'information
- Résoudre un problème
- Coding
- Kooperatioun

***Grupp 16***

- Sozialkompetenz (zesumme schaffen, liewen, respektvoll mateneen ëmzegoen, seng eegen Ideeën ausdrécken, Bezéiungen opzebauen, emotional Intelligenz, eegen Entscheedungen treffen, richteg engem nozelauschteren, logescht Denken)
- Sproochentwécklung am Bezuch op d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg
- Informatesch Kompetenz (Tablet, Computer, den Ëmgang mat den digitale Medien, och an Hisiicht vun de perséinlechen Donnéeën, kritescht Denken – Fake News, Snapchatfilter, ...)
- Selbstwäertgefill erschaffen, eegen Entscheedungen treffen, Empathie
- Metareflektioun: Léieren léieren, léieren e Plakat ze erstellen, e Resumé ze schreiwen, eng PPT maachen, Säit schreiwen (Datum, Iwwerschrëft, ...)

***Grupp 17***

- Liewensno (Sënnhaftegkeet vun der „Theorie" an der Praxis am Alldag erfueren)
- Kritescht Denken/Argumentéieren/Saachen a Fro stellen
- Produzent statt Konsument/Selbstwirksamkeet erliewen
- Eegeninitiativ/Verantwortung fir sech a seng Ëmwelt huelen/Autonomie
- Selwer gesteiert Léieren/léisungsorientéiert handelen

- Medienkompetenz (Basics beherrschen, Sécherheet am Netz, ...
- Léieren/wëssen, wou se eppes noschloë kënnen (Wordtranslator/Excel-Formelen/Correcteur, Templates, ...)
- SOZIALKOMPETENZEN/EMPATHIE/TOLERANZ

**Grupp 18**

- Am kollektiven Zesummeschaffen (Sozialkompetenzen)
- Méi Qualitéit beim Léieren, dass hiren Output méi qualitativ wäertvoll ass.
- Bessert Wuelbefannen, dass d'Kanner sech kënne méi fräi ausdrécken.

**Grupp 19**

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zustan komm.*

**Grupp 20**

- Digital a medial Kompetenze fuerderen, Verdéiwung a konkret Applicatioun (Word, PowerPoint, Excel, iPad richteg benotzen, etc.)
- Sozialkompetenze ginn komplett ënner duerch den immensen Leeschtungsdrock, dat Mënschlecht geet verluer → net nëmme virtuell Frënn, déi Intoleranz, déi deelweis an de Schoulen herrscht
- Wichteg: et soll een den zwëschemënschleche Kontakt fuerderen → den direkte Kontakt mat gläichaltrege Kanner/Erwuessenen ausserhalb vun de soziale Medien
- Feinmotorik → vill méi Wäert dorop leeën
- Introduktioun vu verschiddene Handwierker → praktesch Kompetenzen sollen domat gefuerdert ginn.

**Grupp 21**

- Sozialkompetenzen; Selbstännegkeet (sech selwer organiséieren, fir am ES eens ze ginn: Hefter, Bicher, Schoulmaterial matbréngen asw.)
- Digitalkompetenzen an der Grondschoul sinn NET zwéngend noutwenneg! Grond: d'Basis funktionéiert net (grouss Problemer am Däitschen an/oder am Franséischen, meescht a béide Sproochen)

**Grupp 22**

- Responsabilitéit fuerderen
- Problemléisungsstrategien
- Iwwergräifend Denkprozesser
- Kommunikatiounsfäegkeeten
- Mediebildung
- Autonomie färderen

***Grupp 23***

- Sozioemotional Kompetenzen
- 21st Century Skills
- Kooperatiounskompetenzen
- Integratioun vun der Gesellschaft an der Schoul
- Vu klengem un an d'Aarbechtswelt andauchen, fir dass Kanner eng Iddi fir hier Zukunft kréien
- Wäerter (fr. : valeurs) : bauen d 'Gesellschaft op (du dierfs net klauen, du dierfs net schloen, etc.)

***Grupp 24***

- Perséinlecht Wuelergoen, autonom problemléisend Approche uneegnen, VieSo méi een héije Stellewäert ginn (allgemeng humanistesch a kulturell Wäerter vermëttelen
- Allgemeng Kultur, Informatiounen verschaffen
- Vill SuS sinn mam aktuelle Schoulprogramm iwwerfuerdert/fannen sech net zurecht (aus diversen Hannergrënn)
- Méi Beweegung (bewegtes Lernen), méi Kreativitéit a manuell Tätegkeeten

***Grupp 25***

- Sozialkompetenzen
- Naturwëssenschaftlech Kompetenzen (Sciences, Schoul dobaussen)
- Kommunikatioun, Sprooch
- Handwierksaarbechten
- Kritescht Denken, d'Internet hannerfroen
- Selbststänneg léieren
- Infoe siche goen (Dictionnaire, Bescherelle,...)
- Autoevaluatioun. Sech selwer besser aschätzen

***Grupp 26***

- Se connaître et prendre confiance

## 5.3. Wéi kann een transversal schaffen?

***Grupp 1***

- SEE Learning: Achtsamkeetsübungen, Projeten → Klassekontext, Klassenzesummenhalt, Klasserot, Klassespriecher.
- Dobausse schaffen, mat Biller → spilleresch, Material fir ze manipuléieren.
- Handlungsorientéiert: SuS selwer den Ufank maache loossen an dann unhand vun hire Beispiller op den Stonneninhalt kommen.
- Wéi léiert een auswenneg? Wéi widderhuelen ech dat, wat an der Schoul gesi gouf?, Wéi a wéini maachen ech Pausen tëscht dem Léieren?
- Strategien bei Konzentratiounsverloscht, fir d'Emotiounskontroll (Hänn uneneereiwen, bewosst d'Ëmfeld kucken, vun 10 erof zielen, Glas Waasser drénken, Beweegungspausen, ...).

***Grupp 2***

- Projektarbeit (Sproochen, Geschicht, Film→am Kino uruffen, en Interview mat engem Déierendokter feieren).
- Wocheplang → puer fix Stonnen an der Woch, d'Kanner decidéieren do mat, wat si maachen an deelen hir Zäit selwer an, dat gëtt direkt ufanks der Woch fixéiert.
- An den Niewefächer Projeten maachen, wou ee Recherche mécht, en Ausfluch dozou mécht oder e Film zum Theema kuckt.
- Vill Fächer matenee verbannen.
- De Schüler gëtt Gestalter vun dem Ganzen, dass si eng Iddi hunn an eng Initiativ huelen fir eng Sortie zu engem bestëmmten Theema → Authentizitéit.
- 'Maach math': sech selwer andeelen an dem anere seng Kompetenzen kenneleieren an matabezéien, aktiv ginn a Problemer léisen, déi realitéitsno sinn.
- Selwer als Enseignant Bicher/Aarbechtshefter ausschaffen, déi dem Niveau vun de Schüler entspriechen an op hir Bedierfnisser aginn → motivéiert d'Schüler vill méi.
- Evaluatioun: eng Aufgab, ee Lernzil kucken (soss gëtt et zevill), wouru kënne mir wierklech schaffen → mam Schüler zesumme schwätzen, wourun hien/hatt soll schaffen.
- Et gi Schüler, déi dem "Regelprogramm" no net weise kënnen, wat se kënnen. An engem aneren Kontext léiert een déijéineg anescht kennen an erkennt hir Stäerkten op eng aner Aart a Weis.
- Iergendwann kënnt de Moment, wou een eng Selektioun muss maachen, wat kann ee vu Fächer/Theemeberäicher ewechloossen, wéi eng een kann duerch nei méi innovativ Kompetenzen ersetzen?

***Grupp 3***

- Bewegtes Lernen
- Breet ugeluechten Aufgabenstellung (fächeriwwergräifend)
- Projeten (Fächeriwwergräifend, mat externe Servicer, Ausfluch, Film mat de Kanner maachen...)
- Kooperatioun ënnert de Cyclen

- Liewenspraktesch Atelieren (Akafen, Kachen, mat Holz schaffen)
- Outdoorlearning
- Theemendag, Theemewoch
- Verschidden Medien matenee kombinéieren (kann een och mat Bewegung verbannen, wéi zum Beispill QR-Coden am Sall op verschidde Plazen aushänken).
- Elteren an d'Schoulgeschehen abezéien zum Beispill fir Geschichten op verschidde Sproochen virzeliesen oder aner Kulturen kennen ze léieren.
- Extern Persoune komme loossen, wéi zum Beispill Polizist, Pompjee, ...

***Grupp 4***

- Praktesch schaffen, doduerch kënnen d'Kanner sech besser eppes verhalen.
- Verschidden Schoulmeeschteren, bei deenen d'Fächer gutt zesumme passen, schaffen zesummen.
- Theemeniwwergräifend
- Beispill 1: Graffiti-Kënschtler: Schüler sollten op Franséisch schwätzen, eng Barrière iwwerwannen, vill verschidden Acteuren koumen zesummen an hunn interagéiert (Elteren, Presse, ...).
- Beispill 2: Musical am Fieldgen, wou d'Éd. artistique an Éd. musicale zesumme geschafft hunn.
- Beispill 3: Art et métier: Solarauto
- Beispill 4: Kanner gi bei e Bauer a kachen herno. Si ginn hei gewuer, wou d'lessen hierkënnt.

***Grupp 5***

- Projet
- Gruppeschaffen
- Präsentatiounen – Plakater
- Produkter entwéckelen – Zeitunge schreiwen, Theateropféierung.

***Grupp 6***

- Projektunterricht
- Cycleiwwergräifend
- Workshops organiséieren fir d'Lernmethoden an d'Organisatioun vum Alldag ze erfuerschen.
- Peer to peer
- Inklusiv schaffen
- Méi Sortien/Aktivitéiten um Terrain (fir d'Ëmwelt ronderëm sech kennen ze léieren).

***Grupp 7***

- Künstlerisch arbeiten (Theater, Ausstellung, Film)

- Codieren (Internetseite, Roboter)
- Bewegung
- Projektwochen
- Arbeiten im Freien (Naturgesetze, Naturgewalten, Klima, urbaner Raum)
- Schülerzeitung, Book creator
- Ausflug, Colonie
- Ernährung (Pädagogische Küche)
- Workshops (Yoga, Achtsamkeit)
- Handwerk (Holz, Mechanik, Elektrotechnik, ...)
- Referate
- Wettbewerbe

***Grupp 8***

- Projektorientéiert Schaffen
- Fächeriwwergräifend
- Methodenbeispill: pédagogie du chef d'oeuvre.
- Methodenvillfältegkeet
- Schüler mat abannen (Theematik, Methodik, ...) → Responsabilisatioun, motivatiounsférdernd
- Partenariat mat anere Schoulen oder aneren Institutiounen → Op extern Experten zeréckgräifen
- Praxisorientéiert
- Sënnorientéiert
- Léieren dobaussen
- Wichtegkeet vun der Teamaarbecht → Multiprofessionnalitéit vun engem Team

***Grupp 9***

- Wocheplang/Hausaufgabeplang
- Oppe Schoul
- All Intervenanten mat abezéien (I-EBS, éducateurs, ESEB, ...)
- Méiglechkeete sichen dass d'Infrastruktur net ze vill Grenze setzt.
- A Cyclen zesummeschaffen, altersgemëschte Klassen ("Dalton plan")
- SuS responsabiliséieren
- Net nom Prinzip "een Enseignant pro Klass" schaffen, mee als Equipe fir d'SuS do sinn.

***Grupp 10***

- Theater, Schoulzeitung, Zirkus, Schoulfest oder Bazar organiséiren, alldeeglech Aktivitéiten.
- Projeten am Bësch: Naturspiller, Teamgeescht an Zesummenhalt stäerken.
- Ateliersaarbecht: Mathé, Sprooch, d'Sënner gi gefuerdert.
- Um Beispill vum C1: Kanner spillen am Buttek (Rollespiller) a kafen hir Saachen.

- Insgesamt liewensno Situatiounen spillen loossen, well si doran de Sënn erkennen.
- Mat Profien zesumme schaffen fir u Projeten ze schaffen (Bsp. Eltere kommen an d'Klass a stellen hire Beruff vir oder ginn fir een Dag mat op d'Aarbecht).
- Esou Virträg als Motivatioun notzen an dono beispillsweis un engem Plakat schaffen an domat d'Ausdauer an dat grëndlecht Schaffen ënnerstëtzen → net d'Nott ass dat Wichtegst um Projet mee de Fakt, dass et fir d'Kanner e Sënn ergëtt.

***Grupp 11***

- Projet als Klass
- Projet am Cycle
- Theater
- Medien
- Conseil de classe
- Boite à lettre
- Bewegung und Spiele
- Sport
- Kolonie
- Ausflüge

***Grupp 12***

- Atelier fir ee bestëmmten Theema an dann dozou d'Fächer adaptéieren.
- z. B. Rezept fir eng Zopp → Mathé + eng Sprooch (Mémoire visuelle et motrice).
- Interesse vun de Schüler abauen.
- z. B. erklären, dass ee Gedicht sou opgebaut ass, wéi ee Lidd (Musikalitéit).
- IPad-Klass: Visite vun engem Musée (online) → "saisir l'information."
- Ech soll ee mam Virwëssen vun de Schüler schaffen.
- D'Aktualitéit am Kuer matabannen.

***Grupp 13***

- Teamwork ënnert den diversen Acteuren/Intervenanten.
- Intensive, regelméissegen Austausch zu den diversen, ugebuedenen Léierelementer/ pädagogeschen Inhalter an der allgemenger Matièresgestaltung.
- Léierelementer/pädagogesch Inhalter zesummen ënnert dem Personal ausschaffen.
- Klasseniwwergräifend schaffen.
- Cycleiwwergräifend a Form vun: Virliesungen, Projeten, Ausstellungen, Schülerzeitung, Radiose Missiounen, Podcasts, Atelieren, Theater, Opféierungen, Dänz, Lidder, beim Wanterfest, Summerfest, Hëllefsaktiounen).
- Visiten ausserhalb vun der Schoul (Muséeën, Bësch, Theater, Kino, kulturell Plazen).

- "Vu baussen no bannen verlageren": Elteren, déi an d'Schoul kommen (fir ze kachen/fir Spillnomëtteger).
- Bëschklassen: Léierraum Natur.

**Grupp 14**

- Ausbrüten der Eier und Ausschlüpfen der Küken: Interesse und Neugierde der Schüler, Freude und Emotionen.
- Regelmässige Aktivitäten draussen (im Wald, ...).
- Praktisches Umsetzen des soeben Gelernten (Multiplikation mit Kuchen backen verbinden).
- Praktische Aktivitäten (Anfassen, Versuche, ...).
- Projektwoche in der Schule (z. B. Zirkus mit Aufführung mit Beteiligung aller Schüler, ...).
- Schüler arbeiten mit/helfen anderen Schülern.

**Grupp 15**

- Projeten (individuell oder mat der ganzer Klass oder Gruppen)
- Schoulfest
- Theater
- Liesnuechten
- Bake/Kachen
- Ausflich
- Déi méi grouss Kanner passen op déi méi kleng op (C1 oder a gemixte Klassen).
- Den Ausfluch mat de Kanner virzebereeden (Stonneplang opsetzen; am Viraus sech op engem Plang vun der Ausfluchsplatz orientéieren, z. B. fir den Europapark).
- Problemer léisen
- Sachaufgaben oder esouguer Konflikter
- Z. B. Mathé: De Klassesall nei strukturéieren (mat enger Maquette).
- C1: Alldagsroutinen
- Wéi Jackette/Schung undinn an zoumaachen.
- Wa Kanner mat spezifesche Besoinen an d'Klass integréiert ginn.

**Grupp 16**

- Exercicer op aner Fächer opbauen, z. B. Informatikexercicer erstellen unhand vun dem, wat grad an der Mathé oder Eko traitéiert gëtt, een Theema huelen, wat ee kann a verschiddene Fächer ka behandelen.
- Mat aneren Enseignanten austauschen, Programm zesummen opbauen.
- Theaterstécker, Lidder sangen (Sproochefächer, VieSo).

***Grupp 17***

- Liewensweltbezunnt Léieren (Natur, Bësch, Kichen, .... → Praxis statt Theorie.
- Digital Spiller an de Cours abauen (z. B. Nogebaute Welt aus dem Mëttelalter, Mythologie, ... gëtt et a ville Beräicher) - kann een och interaktiv gestalten.
- Boîte à outils transversale (z. B. Musek), wou Tools dra sinn, déi a verschiddene Fächer Plaz fannen.
- Beweegung als Motivatiounsfaktor.
- Selwerbestëmmtend Léieren (z. B.: "Frei Day") (Output ass e Produkt, dat virgestallt gëtt).
- Handwierk mat abannen ("Yourte" bauen – dozou gehéiert z. B. e Podest, Deko, Notzung vum Raum, ...) oder een Ausfluch mat ofschléissendem Lagerfeier an Eegeregie vun de SuS mam Enseignant als Guide.
- Gemeinsam Theeme fir eng Schoul (kann och am PDS festgehale sinn), wou all Acteuren jee no hire Méiglechkeeten (altersgerecht, „tâchë"-gerecht) e Bäitrag leeschten.

***Grupp 18***

- Mat de Kanner eraus an de Bësch goen an an d'Natur.
- Kanner léiere besser andeems si Saache kënnen upaken, analyséieren ...
- Mat engem Hond kënne schaffen (een Hond fir all Schoul).
- Projektunterrecht (journée de l'entreprise.., Theatere, Film...).
- Technikschoul, Werkstattunterrecht.

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: De Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Fächer an den Alldag afléisse loossen → Mathematik (baken, e Raum ausmoossen, mat Sue bezuele); Physik (Roboter bauen), Franséisch (beim Bäcker akafe goen).
- Elterenowend mat de Kanner zesummen organiséieren → Wat brauch een? Wie mécht wat? (Mini-Entreprise)
- Responsabilitéit iwwerhuelen → Som planzen a sech ëm déi Planz këmmeren, dat se net ageet.
- Upcycelen → Kleedungsstéck erschafen.
- Projet (fächeriwwergräifend) → verschidden Theemen an alle Beräicher opgräifen, sou dass SchülerInne mierken, dat een all Theema kann iwwerall ëmsetzen.

***Grupp 21***

- Fach "Vieso" als Beispill: Bréifkëscht, fir d'Iddien vun de Schüler gewuer ze ginn: "Klassenrat".
- Sozialkompetenzen: D'Schüler ënnertenee Problemer léise loossen a falls dat net klappt, sollen d'Enseignanten agräifen bzw. d'Schüler selwer sollen d'Enseignanten ëm Ënnerstëtzung froen.

- Am Précoce: Dobausse schaffen, sech dobausse bewegen, well et fir d'Kanner wichteg ass, Erfarungen dobaussen ze maachen an net nëmmen am Klassesall ze sëtzen.
- Sozialkompetenzen mat Theaterstécker entwéckele: Jidderee muss säin Deel iwwerhuelen, fir e Gefill vu mateneen ze entwéckelen.

***Grupp 22***

- Blended-Learning
- Entdeckend Léieren
- Experteklassen
- Projetswochen zu engem Theema
- Game-based learning
- Projetsklassen (z. B. iPad)

***Grupp 23***

- Projetswoch, Projetstrimester
- Ausserschoulesch Léierplazen
- Interaktiv Léierdynamik fërdert d'Selbstinitiativ
- Aussestoend Experten an d'Schoul invitéieren
- Déieren mat an d'Schoul huelen

***Grupp 24***

- Science-Buddy's (d'SuS sichen sech een Theema aus (eenzel oder a Gruppen), Projet gouf virgestallt. Kleng Buddys si mat agebonnen ginn (cycleiwwergräifend).
- Gefërdert goufen: sozial, sproochlech, kommunikativ Kompetenzen! (EF)
- Roadmovie duerch d'Geschicht vu Frankräich (ES).
- Projetsaarbechten fächeriwwergräifend, Sozialkompetenzen, autonom schaffen, Variatiounen erabréngen, esouwéi déi dräi Landessproochen matabezéien, digital Medien, praktesch Ausflich; Informatiounen selwer uneegnen (bleift besser hänken), Kuriositéit gëtt gefërdert.
- Verhalensstéierung (reegelkonformt Verhalen). Fir sech an dëser Gesellschaft zurecht ze fannen (Integratioun fërderen). Dëst fënnt seng Wichtegkeet bei all Fach. Zesummeliewen erméiglechen an engem multikulturelle Kontext.
- Bewegtes Lernen + Erlernen von Sprachen/Mathematik (Motorik mit kognitiven Prozessen verbinden).
- Développement durable (oder en anere Sujet) z. B. als roude Fuedem duerch een Trimester/Cycle/ Schouljoer fächeriwwergräifend matabauen (am Background matabannen).

***Grupp 25***

- No engem Theema (C1)
- Austausch an der Equipe pédagogique
- Austausch, well méi Enseignanten an enger Klass schaffen
- Austausch mat den Elteren/Crèchen/Maison Relais
- Kultur vun de Kanner mat afléisse loossen.
- En Déier an der Klass hunn.
- A Gruppen/Ateliere schaffen an der Klass.
- Wocheplang
- Medien
- Coding
- Beweegungsspiller
- Projet z. B.: Wanterfest, Maart, ...

***Grupp 26***

- Weltraum a Form vum Projet an de verschiddene Fächer opgräifen.

## Wou, wéini a firwat ass Transversalitéit férderlech/néideg?

***Grupp 1***

- De schoulesche Contenu mat dem Liewen dobaussen verbanne ➜ sou erwächt een d'Interesse vun de SuS.
- Duerch d'Transversalitéit kritt dat, wat mir léieren e Sënn an d'Loscht vun de SuS op d'Léieren gëtt oprecht erhalen.
- Manner Transversalitéit = manner Léiermotivatioun säitens den SuS.
- Wëssen openee opbauen, Transfer vun engem Fach an en aanert fir den Notzen vum Geléierten ze weisen.

***Grupp 2***

- Fir de Kanner ze weisen, firwat se eppes léieren (intrinsesch Motivatioun) ➜ bsp.: "les légumes" Geméiszopp kachen, akafe goen.
- Unhand vu konkrete Beispiller weisen, firwat een eppes léiert.
- Bezuch zur Realitéit.

- Si gesinn, wat si NET kënnen, wou hir Limiten sinn. Et hëlt hinnen de Frust ewech ze erkennen, dass si net alles musse wëssen, fir een Theema unzegoen.
- An der Zesummenaarbecht mat aneren.
- An enger Projets-/Wocheplangaarbecht.
- De Schüler gëtt duerch seng Gesamtheet definéiert an net duerch déi eenzel Beräicher.

***Grupp 3***

- Gutt fir d'Aarbechtsklima, d'Léierpersonal, d'Berufung.
- Bezéiungen tëschent de Kanner (Schüler-Schüler-Bezéiung, Lehrer-Schüler-Bezéiung)
- Néideg:
  - Nei Usiichten ze erméiglechen
  - An der Realitéit si vill Beräicher matenee verbonnen (zum Beispill: am Handwierk, Konscht mat Mathematik)
  - Hirer Realitéit méi no ze kommen
  - Méi Bewegung
  - Erfarungen ze erméiglechen, déi Kanner an hirem private Kader net erliewen.
  - Mat de Kanner hire Ressourcen ze schaffen.
  - D'Kanner do ofzehuelen, wou se stinn.
- Förderlech
  - Hir Entwécklung
  - D'Léieren an d'Verständnes
  - D'Motivatioun
  - D'Wuelbefannen

***Grupp 4***

- Et muss ee bereet sinn, säi Cours mateneen virzebereeden.
- Eng gemeinsam Idee erschaffen
- Wou: Atelier, Aktivitéit (z. B. Ausfluch), schoulintern.

***Grupp 5***

- Zesummenhängend, vernetzt Denken
- Léisungsorientéiert Denken
- Sproochverständnis op d'Aktualitéit kënne bezéien.
- Kreativitéit fërderen
- Empathie, Respekt entwéckelen
- Liewensvirbereedung – Liewe verstoe, wéi funktionnéiert et, wat ass d'Realitéit?
- Komplexitéit auserneehuelen
- Iwwert den Brëllerand erausgesinn

***Grupp 6***

- Wou? Am Alldag
- Wéini? Nodeems d'Basiswëssen do ass, ab C1.
- Firwat? Fir d'Wëssen an der Realitéit kënnen ëmzesetzen.

***Grupp 7***

- Mehr als bis jetzt (z. B. vormittags Theorie, nachmittags transversal), je nach Zyklus und Alter.
- Überall
- Mehr auf die Heterogenität der Schüler eingehen.
- Dem Schüler die "reale Welt" näher bringen
- Unterricht interessanter gestalten
- Den Schüler zum Überlegen bringen
- Kritisches Denken

***Grupp 8***

- Transfert op den Alldag fir de Sënn vun den Apprentissagen ze verstoen.
- → d'Realitéit ass och net a Fächer agedeelt.
- → d'Schüler wäerten ëmmer méi komplex Situatioune bewältege mussen.
- Am Schoulalldag → Transversalitéit soll wéi e rouden Fuedem all d'Fächer matabannen.

***Grupp 9***

- Fir Schülerinnen a Schüler prett op Zukunft ze maachen.
- Sou fréi wéi méiglech, net ëmmer der Zäit hannendrulafen.
- Fir dass d'SuS hir Roll an der Famill/Gesellschaft fannen.
- Fir allen Deelberäicher aus dem Bilan (compétences transversales) eng Plaz ze ginn.

***Grupp 10***

- Fir den Alldag ze meeschteren.
- Et stëft Sënn a motivéiert (mir schreiwen e klengt Buch a gesinn d'Wichtegkeet am Verbessere vun de Feeler).
- D'Kanner solle Spaass hunn a gären an d'Schoul kommen.
- Gruppenaarbechten
- Fir d'Sozial- a Selbstkompetenz

***Grupp 11***

- All Dag an all Stonn. Bezéiunge knüpfen, Problemer léisen, Entscheedungen treffen, kommunizéieren, sech organiséieren, mat Stress ëmgoen, am Team schaffen, Zäitmanagement, sech un déi ënnerschiddlech Kulturen upassen, Emotiounen géréieren.

***Grupp 12***

- Dass d'Schüler wëssen, wisou se léieren, sou dass et Sënn fir si mécht.
- Autoreflexioun vum Schüler par rapport zu senge Kompetenzen ass wichteg.

***Grupp 13***

- Wou: Iwwerall inner- an ausserhalb vun der Schoul
- Wéini: ofhängeg vun der Flexibilitéit säitens dem Personal a vum Personalschlëssel
- Firwat:
  - Toleranz/Oppenheet
  - Eegestännegkeet
  - Eegeninitiativ(en)
  - Selbstsécherheet/Selbstvertrauen
  - Weiderentwécklung
  - Kritikfäegkeet
  - Selbstreflektioun
  - Liewenswäerter
  - Kreativitéit
  - Mediekompetenz/Medieverständnes

***Grupp 14***

- Siehe Frage 2
- Verbinden der Theorie mit der Praxis
- Die Wichtigkeit und die Notwendigkeit der Theorie erkennen
- Fördern der Kompetenzen (Kompetenzen die von manchen Elteren nicht genug gefördert werden)
- Gleichgewicht "transversale Projekte / Wissensvermittlung"
- Kann auch manchmal als "Belohnung" eingesetzt werden

***Grupp 15***

- An alle Beräicher, sief et an der Schoul an engem gewëssene Fach oder an der Paus oder an der Fräizäit op der Spillplaz. OMNIPRESENT!
- Firwat: Wa keng Transversalitéit do ass, da gëtt et de Schüler séier langweileg. D'Transversalitéit ass motivant fir d'Schüler, well si léieren net just eppes fir eng gewësse Situatioun, mee eppes wat si an neie Situatioune kënnen benotzen. Heiansdo si Schüler, déi an de Fächer ganz schwaach sinn, an den transversale Kompetenzen ganz staark a kréien méi Selbstbewosstsäin. Schwaach Schüler fille sech dann nëtzlech.

***Grupp 16***

- Duerch verschidde Methoden, wéi z. B. e Lidd, kann d'Sprooch, d'Literatur, d'Selbstbewosstsäin an d'Kreativitéit gefuerdert ginn.
- Vereinfacht den Zougang zu enger néier Matière z. B. duerch visuellen Input, Musekstécker, verschidde Methoden, krit een en anere Bléckwénkel op d'Matière.
- Kanner, déi Schwieregkeeten mat der Sprooch hunn, léieren esou op eng aner Aart a Weis eng néi Matière.
- Ze gesinn, wat d'Schüler verstinn vun der néier Matière, z. B. duerch e Bild molen, vun eppes, wat ee grad liest, en Theaterstéck spillen, e Lidd schreiwen, ...

***Grupp 17***

- Fir sech am Liewen zurecht ze fannen
- An der Schoul an engem gutt gesate Kader (bei internen & externen Aktivitéiten)
- Ëmmer an alle Situatioune fir  kleng a grouss Challengen ze meeschteren
- Fir seng Plaz an der Gesellschaft ze fannen (cf. Demokratie, ... )
- Fir sech an seng Matmënschen besser ze verstoen/ze kennen
- Fir Zesummenhäng ze erkennen/nozevollzeien
- Fir Problemer léisen ze kënnen
- Fir der Komplexitéit vun der Welt entgéint ze trieden
- Fir eng gesond work-life-balance (Gesondheet)

***Grupp 18***

- Praktik
- Saachen kënnen upaken, manipuléieren, selwer kënne schaffen
- Méi Fräiheeten fir d'Kanner, kënnen hirt eegent Léieren matbestëmmen
- Kand do ofhuelen, wou et och wierklech steet.
- Kanner mat Léierschwieregkeeten oder spezifesche Besoinen besser un d'Leieren ze kréien.

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Et ass néideg, fir kënnen als "normale" Mënsch erunzewuessen → Work-Life-Balance erëmkréien.
- Et soll normal sinn → en Tablet ze benotzen, wéi och kënnen eng Gromper ze planzen → dass en net als Fachidiot do steet, mee eng ganzheetlech Persoun ass/gëtt mat ville verschiddene Facetten (Entwécklung vun engem gesonde Selbstvertrauen a Selbstwäertgefill).
- D'Leit sollen nees ausgeglach sinn an als Ganzt fungéieren.
- Alldeeglechen Schouldag a mat enker Zesummenaarbecht vun der Maison Relais.

***Grupp 21***

- Fir e Mateneen, fir den Zesummenhalt ze férderen: wichteg Kompetenz fir dat spéidert Liewen an der Gesellschaft.

***Grupp 22***

- Wann een un enger Projetswoch schafft, da soll doraus e Ganzt entstoen, dass et fir d'Kanner méi novollzéibar ass a si Zesummenhäng fannen tëscht deene verschiddene Kompetenzberäicher.
- Stäerkung vun der Sozialkompetenz duerch z. B. Spiller
- Duerch verschidden Tools (Wocheplang etc.) oder Zesummenaarbecht mat anere Kanner solle si léieren ze léieren.
- Duerch verschidden Strategien Wëssen erweideren an sech dës zu Notze maachen an aneren Léiersituatiounen.

***Grupp 23***

- Et iwwerall an ëmmer néideg an förderlech well et Kenntnisser an Kompetenzen vernetzt an d 'Kanner op hier Zukunft virbereet.

***Grupp 24***

- Eng global/vernetzten Approche vun engem Sujet entwéckelen.
- Sozial-Kompetenze férderen fir kooperatiivt Zesummeschaffen/Liewen ze erméiglechen.
- Léisungsorientéiert Strategien ze entwéckelen, andeems ee seng Ressourcen/Kompetenzen mobiliséiert.
- Seng Meenung, säi Point de vue hannerfroen (Reflexivitéit). D'Entwécklung vun dëse Kompetenzen erméiglechen den SuS sech spéider op engem zukënftegen Aarbechtsmaart/Welt (eng Realitéit, déi et haut nach net gëtt) zurecht ze fannen.

***Grupp 25***

- Inklusioun
- An all Fächer
- Motivatioun
- Appreciatioun Niewefächer (ginn net fir wichteg geholl).
- Gruppendynamik
- Austausch tëscht dem Léierpersonal.

***Grupp 26***

- Fachiwwergräifend: Haapt- a Niewefächer (Mole, Bastelen, Musek, Sprooch, ... asw.)
- Fir Flexibilitéit, Autonomie an déi sozial Kompetenz (Interaktivitéit a klenge Gruppen/Atelieren) ze stäerken

## Wou, wéini a firwat ass Transversalitéit net gëeegent?

***Grupp 1***

- Ni

***Grupp 2***

- Déi transversal Kompetenze sinn automatesch ëmmer do, z. B. ee mat Material schafft fir ze differenzéieren.
- → Et hänkt vum Lernzil of, wat ee sech gëtt a wat ee wëll am Bilan evaluéieren.

***Grupp 3***

- Ka schwiereg sinn : organisatoresch, personalméisseg.
- Wa wichteg Kompetenzen op der Streck bleiwen.
- Wann ee net genuch Zäit huet fir bis zum Schluss vum Léierprozess ze kommen.
- Wann et net un d'Schüler ugepasst ass (Autismus, ADS, Verhalensopfällegkeeten, Iwwerreizungen, Iwwerfuerderungen, ...).
- Wann et net fërderlech fir de Schüler ass
- Wann den Enseignant iwwerfuerdert gëtt, net ënnerstëtzt gëtt

***Grupp 4***

- Net all Léierpersonal wëll zesumme schaffen.
- Zäitlech net ëmmer machbar (z. B.: Atelier Kachen).
- Ze man Zäit, net all Enseignant kann op all Kand gerecht agoen, Proffen hu Schüler zum Deel nëmme 50 Minutten/Woch → Ufank vum Cours dauert heinsdo schonn ze laang (Virbereedung).
- Programm vum Ministère huet Prioritéit
- Raimlechkeeten
- Finanziell Hürden
- Iwwerfuerderung vum Kand
- Net all Kand huet Interessi un engem Projet an et kann zu Stéierunge kommen.

***Grupp 5***

- Grammatesch Regelen, mathematesch Tatsaachen
- Allgemeng fix Regelen

***Grupp 6***

- Fachspezifescht Wëssen (z. B.: 1x1, Verbenconjugaisoun etc.)
- Firwat? - Et brauch een eng gewësse Basis, fir déi an alle Beräicher uwennen ze kënnen

***Grupp 7***

- Wenn Theorie angeeignet werden muss
- Wenn sich auf ein Examen vorbereitet wird
- Nicht in jedem Fach (Theorie klassisch und Aufgaben transversal)

***Grupp 8***

- Ni!!!
- Kognitiv, sozial, emotional a sproochlech Kompetenzen begleeden een ëmmer

***Grupp 9***

- SuS kréien sech an oppene Strukture "verstoppt"
- SuS déi iwwer, resp. ënnerfuerdert sinn
- Ëmsetzung schwiereg, wann d'Theematik vun der Disziplin am Virdergrond steet
- Am Cours d'accueil steet d'Kommunikatioun am Virdergrond

***Grupp 10***

- Mir sinn der Meenung, dass se iwwerall gëeegent ass: mir bréngen de Kanner näischt bäi ouni, et verpaakt een et ëmmer esou, dass d'Kanner de Sënn verstinn. Bsp: mir leieren de Flächeninhalt net just, well en um Programm steet, mee well een et am spéidere Liewen brauch, mir leieren, wéi ee mat Geld rechent, well een dat brauch, fir mol selwer eng Mëtsch bei de Bäcker kafen ze goen

***Grupp 11***

- Si ass ëmmer gëeegent, well d 'Kanner mussen ëmmer aktiv um Cours deel huelen. Si sollen selwer Acteure sinn.

***Grupp 12***

- Schwéier ëmzesetzen, wa vill Intervenante am Spill sinn (zemools an der Voie préparatoire)
- Wann ee mat Module schafft, dann ass ee begrenzt. D'Modulen erlaben eis et net.
- Wann ee just op ee Fach spezialiséiert ass, dann ass et schwéier transversal opzebauen.

***Grupp 13***

- Ëmmer gëeegent

***Grupp 14***

- Gleichgewicht "transversale Projekte/Wissensvermittlung"
- Zeit für "reine" Wissensvermittlung nicht vergessen
- Soll nicht zu einer Gewohnheit werden (Stichwort: nice to have!)
- Schulische Leistungen nicht aus den Augen verlieren

- Nicht für problematische Klassen (Disziplin) geeignet
- Nicht geeignet zum Fördern von Kompetenzen, die von manchen Eltern vernachlässigt werden .

***Grupp 15***

- Mir hunn iwwerall Transversalitéit. Et kann een net ouni. Et ass fir eis näischt Neies (et ass een Deel am alen Plan d'études iwwert d'Transversalitétit dran).

***Grupp 16***

- Méi zäitopwänneg: sech mat den anere Kollegen austauschen, méi kreativ erugoen, dauert méi laang.
- Programm gëtt virginn an dësen ass schwiereg transversal ëmzesetzen, wéinst dem Zäitdrock alles mussen ze maachen, wat um Programm steet.
- Ënner Zäitdrock manner méiglech.
- Heiansdo net méiglech z. B. bei Informatik a Sport ass et immens schwiereg e Lien hirzestellen.
- Oppen sinn a sech fir néi Ideeën ze begeeschteren, op alle Niveauen: aner Enseignanten, Schüler, Direktioun, ...

***Grupp 17***

- Bei klengen, isoléierten, reng exekutiven Aufgaben (Fliessbandarbeit)
- Mir fannen, dass Transversalitéit an enger Welt ewéi haut seng Plaz huet/net ewech ze denken ass.

***Grupp 18***

- Wann d'Moyenen net do sinn fir et ëmzesetzen
- Grouss Schülerunzuel
- Differenzéierung
- Räimlech Problemer
- Organisatiounsproblemer

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Se ass ëmmer gëeegent, mee net ëmmer onbedéngt ëmsetzbar (Schoul = Wëssensvermëttelung).
- Et MUSS do sinn, well et en immensen Gap an der Gesellschaft an eiser Schoulpopulatioun gëtt.
- Léisst sech des "einfach" am Enseignement Secondaire ëmsetzen? → wieren d'Proffen domat d'Accord?

***Grupp 21***

- Duerf net ze vill Zäit an Usproch huelen: d'Basiskompetenzen a -wëssen muss am Vierdergrond stoen an däerf net vernoléissegt ginn.
- D'Schoul kann net alles iwwerhuelen: vill Theemen kaschten vill Zäit, sinn heiansdo och heikel an/oder schwiereg ze behandelen (z. B. sexuelle Mëssbrauch, Kannerrechter, ...).

***Grupp 22***

- Et hänkt dovun of, wéi een de Begrëff "Transversalitéit" definéiert: Wann ee sech op de Plan d'études bezitt, da sinn transversal Kompetenzen ëmmer erwënscht.
- Am Sënn vun enger Projetswoch kéint et awer virkommen, dass d'Iwwerschneidung vu vill verschiddenen Aktivitéiten/Kompetenzberäicher dozou féiert, dass verschidde Kanner sech iwwerfuerdert fillen.

***Grupp 23***

- Wann eppes séier muss geléiert ginn (Vokabelen, 1x1, ...).

***Grupp 24***

- Mir kënnen ons all Sujet an engem transversal-vernetzte Kontext virstellen ...

***Grupp 25***

- Näischt
- Gëtt iwwerall, an all de Fächer gëtt Transversalitéit benotzt. z. B. Kommunikatioun, Sprooch gëtt iwwerall benotzt, kritescht Denken, Selwer Iwwerleeën, ...
- Ass omnipresent am Schoulalldag.

***Grupp 26***

- Ab dem Lycée méi schwéier ëmsetzbar, unhand vun de Stonnen, déi definéiert sinn.

## 5.4. Wat sinn d'Krittären vun engem gudden transversalen Unterrecht?

***Grupp 1***

- Villfälteg Ziler
- Kloer Instruktiounen
- Gutt Virbereedung an der Klass
- Flexibilitéit vum Enseignant (op d'Iddien vun den SuS aloossen)
- Sécherstellung vun der Partizipatioun vun all SuS, all Kand ass impliziéiert.

- Sensibiliséierung vun den SuS zu der Theematik vun de Gruppenaarbechten (jiddereen schafft mat, jiddereen huet gläich vill Matsproocherecht, jidderengem d'Méiglechkeet ginn aus sech rauszegoen, ...).
- Enseignanten mussen en oppene Geescht behalen, onvirageholl sinn (SuS net ënnerschätzen, Méiglechkeet loossen sech ze entfalen iwwert dat eraus, wat mer vun hinnen erwaarden, keen SuS ausbremsen).

***Grupp 2***

- Eegestännegkeet
- Vill verschidde Léisungen, mee de Wee fir dohinner ze kommen, ass dat Wichtegst.
- D'Kanner matabezéien: hir Iddien, hir Virstellungen, vläit kenne si sech jo scho mat engem Theema aus, kennen Leit, déi an deem Beräich schaffen, hunn eng Iddi fir eng Sortie déi domat ze dinn huet.
- Kommunikatioun ass ganz wichteg, fir an de Contrainten, déi een huet, eng Léisung ze fannen vu villen.
- Mat adäquate Gréissten vun Kontingent, genuch Schoulpersonal fir Gruppenaarbechten ze gewährleeschten.

***Grupp 3***

- Eng gutt Struktur
- Interesse vun de Kanner
- Motivatioun vun de Kanner, Léierpersonal
- Eng gutt Organisatioun a Kommunikatioun
- Vum klasseschen Unterrecht, Ritualer, Gewunnechten weg ze kommen
- Oppenheet vum Personal
- Entlaaschtung, Ënnerstëtzung vum Personal
- Gëeegent Material, Kader
- Flexibilitéit

***Grupp 4***

- Kanner mussen Verhalensregelen kenneleieren an uwennen
- Raimlechkeeten mussen gebuede ginn
- Autorisatiounen an Dokumentatioune missten méi einfach gemaach ginn
- Et muss Budget dofir ageplangt ginn

- All Kand mat abannen
- Eventuell en halwen Dag vum Ministère zur Verfügung gestallt kréien, fir den transversalen Unterrecht als Projet ze erméiglechen.
- Team-Teaching, awer keen imposéierten.

***Grupp 5***

- D’Kanner d’Theema/d’Matière selwer erschaffe loossen.
- D’Kanner selwer nosiche loossen.
- Léisungsorientéiert d’Kanner schaffe loossen.
- De Wee bis bei d’Léisung selwer sichen (noutfalls Hëllefspläng bereetstellen).

***Grupp 6***

- Realitéitsno.
- Altersgerecht.
- Multimodal.
- Accessibel fir jiddereen, all Schüler soll en fonctioun vu sengen eegene Fäegkeeten dovu profitéieren.

***Grupp 7***

- Es muss gut geplant sein.
- Struktur .
- Kontinuität zwischen den Zyklen.
- Es muss übersichtlich bleiben .
- Die Kriterien müssen klar sein.
- Die Lehrkräfte müssen gut zusammenarbeiten.
- Die Schüler müssen motiviert sein und den Sinn verstehen (geht von selbst, wenn es gut geplant ist).

***Grupp 8***

- Sënnorientéiert .
- Aus den 4 Maueren vum Klassesall schaffen.
- Schülerzentréiert .
- Praxisorientéiert.
- Fachiwwergräifend.

***Grupp 9***

- Upassungsfäegkeet vun de Schüler an den Enseignanten (learning by doing).
- Kloer Zilsetzung, strukturéiert Aarbecht mat Tëschenetappen (Iwwerbléck hunn, Motivatiouns-faktor), kuerzfristeg-mëttelfristeg-laangfristeg Planung .
- Zäitmanagement.
- Plang B hunn, Flexibilitéit am SuS sengem Léieren erméiglechen.
- Austausch (national Ebene).
- Transparent Evaluatioun (Portfolio, Bewäertungskrittäre festleeën mat 4K-Skills).
- Experten integréieren (Handwierker, Experten aus der Equipe pédagogique notzen).

***Grupp 10***

- D’Kanner sollen ëmmer de Sënn verstoen.
- Ressourcen: et muss een och d’Méiglechkeet hunn, dorop zréckgräifen ze kënnen (Budget), net all Gemeng verfügt iwwert dee selwechten Budget: hei gëllt et dann, kreativ ze sinn an e bëssen méi Energie dran ze stiechen.
- Et muss ëmmer motivant fir d’Kanner sinn, anescht ass et fir si net gutt, et soll ee vun den Interesse vun de Kanner ausgoen, dorop vertrauen, dass d’Kanner dat seriö huelen.

***Grupp 11***

- Résoudre un problème en groupe, rédiger une synthèse en groupe, prendre des décisions en groupe, communiquer (parler et écouter autrui).
- Échange.
- Mouvement, amusement.

***Grupp 12***

- Flexibilitéit.
- Ëmdenken.
- Virwëssen vum Schüler .

***Grupp 13***

- Flexibilitéit.
- Personalschlëssel.
- Raimlechkeeten.
- Material.

***Grupp 14***

- Nicht nur Spass, auch das theoretische Wissen ist wichtig.
- Aktivitäten, die ausserhalb der Klasse stattfinden (respektiv ausserhalb des gewohnten Klassenalltags).
- Gut durchdachte Organisation.
- Soll immer in einem bestimmten Kontext stattfinden.
- Soll den Kompetenzen der Schüler gerecht werden.
- Den Schülern den Sinn und Zweck des transversalen Unterrichts erklären, sowie den Ablauf genau erklären.

***Grupp 15***

- D'Motivatioun vun de Schüler mécht vill aus. Wann dat net de Fall ass, muss ee versichen all Kand ze areechen
- Eng gutt Planifikatioun vum Unterrecht (Material, ...).
- Vun hirem Erliewen – kontextbezunn (z. B. elo mat der WM, kann een einfach an der Geo iwwert d'Länner schwätzen, an der VIESO ...)
- Wann de Schoulmeeschter d'Schüler kennt, kann hien de Cours besser opbauen (sech fir si interesséieren).

***Grupp 16***

- Gutt Virbereedung: Ideeën an Ëmsetzungen musse klappen.
- Méi kleng Klassen wieren méi einfach fir gudden transversalen Unterrecht.
- Administrativ Saachen ze regelen, steet engem heiansdo am Wee fir "d'Dobaussen" mat an den Cours ze huelen (Maart goen: an Uebst kafen, bestellen op Franséisch, bezuelen/rechnen,...).
- Kommunikatioun mat den Aarbechtskollegen muss klappen, alleng ass et schwéier et emzesëtzen.
- E "Resultat" bei den Kanner ze gesinn, ze gesinn, ob se déi néi Matière verstanen an opgeholl hunn.

***Grupp 17***

- De Prozess ass méi wichteg, wéi den Outcome.
- E logeschen Opbau, sou dass d'SuS Zesummenhäng identifizéieren.
- Op d'Liewenswelt vun SuS bezunn (Sënnhaftegkeet/Intressegebidder).
- Sozial-emotionaalt-sensorecht Léieren, sou dass déi verschidde Sënner ugesprach ginn.
- D'Léierpersoun als Guide.
- Ofwiesslung (villfälteg Methoden, Formen, Formater, ...).
- Léieren eruféieren duerch konkret Projeten.
- SPAASS / FREED / MOTIVATIOUN
- Dass d'SuS aus den gemachten Erfarunge léieren

***Grupp 18***

- Wann d'Schüler mat agebonnen sinn. Se am Prozess, méi responsabiliséieren.
- Gudd Aarbechtsklima
- D'Moyenen hunn fir transversalen Unterrecht kënnen unzebidden (Plaz, Budget, Organisatioun, Stonneplang, Programm Scolaire, méi Personal, méi kleng Klassen ...).

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zoustan komm.*

***Grupp 20***

- Sënner mat abannen, well d'Mémoire op verschiddenen Niveauen opgebaut ass.
- Vocabulaire → musikalesch abannen, beweegend Léieren (Schnitzeljagd), Projet: Schoul molen, alles op Franséich beschrëften (Hands on; Input).
- Interessen vun den Kanner → missten am Plan d'études (2009) och fungéieren.
- Zäit a manner Drock a manner Formalitéiten (Mail, Whatsapp, administrativ Saachen)
- Spontanitéit geet oft verluer → well een u Reegelen gebonnen ass.
- Sënn vun den verschiddenen Aktivitéiten erschléissen.

***Grupp 21***

- Oppen fir Neies
- Virbild

***Grupp 22***

- 4K Skills (Kreativitéit, kritescht Denken, Kollaboratioun, Kommunikatioun)
- Tools sinn un d'Zil vum Unterrecht ugepasst (Mediebildung)
- Roude Fuedem

***Grupp 23***

- Den Enseignant muss iwwerzeegt sinn vu sengem transversalen Unterrecht, deen en hält.
- Et muss een dat, wat ee geléiert huet a konkrete Situatiounen asetzen.
- En geet iwwer den klasseschen, individuelle Cours an der Schoul eraus.
- Kanner motivéiert kréien mat konkrete Situatiounen.
- All Kanner kënnen agebonne ginn.

***Grupp 24***

- D'Verbindungen tëscht verschiddene Matièren sollen novollzéibar sinn.
- Déi ënnerschiddlech Kompetenzen mussen gefërdert ginn (moossbar).
- Mat den ënnerschiddleche Stäerkten an Intressi mat de SuS schaffen (Integratioun an Inclusioun).

***Grupp 25***

- Gudden Austausch mat den Aarbechtskollegen.
- Onbewosst an den Unterrecht erafléisse loossen.

***Grupp 26***

- Gruppenaarbecht, Atelieren a vill Variatioun bei de Methoden.

## 5.5. Wéi gesäit eng sënnvoll Evaluatioun vun transversale Kompetenzen aus?

***Grupp 1***

- Formativ
- Transparent
- Eng einfach, kloer a verständlech Evaluatioun (Berichter)
- Krittärenbaséiert, konkret Kompetenzberäicher festleeën
- SuS an d'Elteren opklären, virun an no den transversalorientéierten Aktivitéiten.
- Keng klassesch Evaluatioun, éischter an engem Gespréich fir d'sozio-emotional Kompetenzen ze diskutéieren.

***Grupp 2***

- Méi Texter schreiwen, och wann dat immens subjektiv ass.
- Portfolioähnlech Evaluatioune maachen do péckt de Schüler (soubal den Alter et erméiglecht) alles dran, wat hien/hatt als wichteg, als stellvertriedend fir sech selwer emfënnt; falls dat net ganz gutt sollt klappen, kann d'Léierpersonal dann zousätzlech och Produkter sammelen an säi Classeur domat gegebenenfalls ergänzen.
- Déi Casen, déi bis elo am Bilan sinn, soe vill manner aus, wéi dat, wat een den Elteren iwwer hiert Kand erzielt a schreift, a wat een hinnen vu  Produkter weist.
- Villes gëtt subjektiv wouergeholl, mee et ginn och genuch Kompetenzen, déi een objektiv beuerteele kann, ob dat de Fächer zougeuerdent gëtt oder den transversale Kompetenzen (e Kand, wat d'Klass all Dag duerch säi Verhalen op d'Kopp geheit).

- Am Bilan mussen herno awer kloer Kompetenze stoen, déi ee muss bewäerten a wou ee muss soen, ob se acquis sinn oder net, et brauch een der just vill méi fir ze ënnersträichen, dass déi transversal Kompetenze, nenee sou wichteg sinn, wéi d'Kärkompetenzen an den eenzelne Fächer.
- Fazit fir eis: et muss een Deel strukturéiert sinn an eventuell mat Grillen agedeelt sinn an een Deel ganz oppen, wou een jee no Schüler a jee no Kompetenz fräi schreiwe kann, wat dozou passt an och déi eenzel Evolutioune während den Trimesteren/Schouljoren.
- Mir missten beschtefalls och dozou forméiert ginn an genee Informatiounen zu den Neierunge kréien.

***Grupp 3***

- Am Plaz vum Stufen-Modell, eng Evaluatioun a Form vun engem "Entwicklungseinschätzungs-fragebogen" wei et och am Kompetenzzenter fir d'sozio-emotional Entwécklung benotzt gëtt.
- 2 mol am Joer.
- Kloer national Krittären, Transparenz.
- Wann d'Evaluatioun verständlech ass fir d'Elteren oder aner Professioneller.
- Autoreflexioun vun de Kanner, Reflexioun mat den Kanner.

***Grupp 4***

- Punkten
- Dokumentatioun a Form vu Filmer, Fotoen.
- Verständnes, Kompetenzen.
- Bewäertung vu Motivatiounen.
- Anhalen vu "Benimm-dich-Regeln".

***Grupp 5***

- All Schüler eng individuell Réckmeldung ginn.
- Beobachtungspunkten/Krittären am Viraus festleeën a während dem Schaffen déi kontrolléieren.
- No der Gruppenaarbecht: Anonym d'Gruppekollegen a sech selwer bewäerten.

***Grupp 6***

- Wann d'Schüler déi geléierten Transversalkompetenzen am Alldag benotzen an dovun erzielen.

***Grupp 7***

- Kriterien müssen bekannt sein.
- Entwicklung muss berücksichtigt werden.
- Prozess muss visualisiert werden.
- Feedback geben.

***Grupp 8***

- Formativ
- Portfolio
- Mat abauen vun den Autoevaluationen.
- Den transversalen Deel am Bilan ausbauen fir déi néideg Relevanz zouzeschreiwen.

***Grupp 9***

- Evaluatioun, déi net zu weiderem Stress/Demotivatioun féiert.
- Fir den Enseignant ëmsetzbar.
- Evaluatioun iwwert e gréisseren Zäitraum , sech net op eenzel Testsituatiounen baséieren.
- Upassung vun der Evaluatioun EF an ES, net 2 total verschidde Systemer.
- Manner Wettbewerb ënnert de SuS, méi zesummen a kollaborativ och an der Evaluatioun.

***Grupp 10***

- En mëndleche Feedback fir d'Kand, dem Kand och d'Méiglechkeet ginn ze bewäerten, well oft sinn d'Kanner méi streng mat sech.
- D'Wichtegkeet vun den transversalen Kompetenzen méi ënnersträichen.
- Dat Ganzt kéint a Form vun engem Portfolio stattfannen.
- Et soll iwwer d'Leieren geschwat ginn: wourop muss ech oppassen bei enger Presentatioun, wéi bereeden ech mäi Virtrag vir?
- Et soll een ëmmer erëm op verschidde Methoden zréckkommen, sou dass ee sech verbessere kann (Krittären mussen och fir d'Kanner wichteg sinn).
- Bewosst op d'Stäerkten agoen an dës och dankend unhuelen: net just déi gutt Eegeschaften/ Stäerkten als normal ugesinn mee se wäertschätzen.
- Krittärekatalog

***Grupp 11***

- Auto-évaluation (grille d'évaluation)
- Évaluation avec partenaire

***Grupp 12***

- Evaluatioun soll global sinn (allgemengt Matschaffen)
- Fächer Bewertung soll bleiwen

***Grupp 13***

- Kontinuéierlech Observatioun
- Ee Raster mat festgehale Krittären

- Sproochlech gutt Beschreiwung vun Iwwerleeungen, déi net reng un den Sproochenunterrecht gebonne sinn (mathematesch / wëssenschaftlech / raimlech / informatesch Iwwerleeungen etc.).
- Kriterienraster fir d'Selbststännegkeet (autonom ouni Uweisungen handelen/schaffen/sech versuergen)
- Wëssensbegierech sinn
- Hëllefsbereetschaft förderen
- Afindungsverméigen förderen
- Geziilte Medienotzung

***Grupp 14***

- Erstellung eines Portfolios
- Fragebogen (an die Schüler) zur Auswertung des Projektes
- Gespräch mit den Schülern
- Schüler nach ihrer Meinung fragen

***Grupp 15***

- Evaluatioun vum Schoulmeeschter (formativ/zertificativ)
- Autoevaluatioun vum Schüler (formativ)
- Sech mam Schüler zesummesëtzen an d'Bewäertung duerchgoen (formativ)
- Z. B. d'Transversalitéit vun der Klass (bei den gemeinsamen Aktivitéiten) am Conseil de classe bewäerten/uschwätzen (formativ).

***Grupp 16***

- Schwiereg eng subjektiv Evaluatioun, e Resultat u sech ze gesinn, net alles muss evaluéiert ginn
- Motivatioun, Kreativitéit, Engagement, méi Intressi, mee wei kann een dëst moossen?
- Feedback kréien vu de Schüler, aneren Enseignanten, ...
- Austausch an der Klass, anonym online ausfëllen loossen, ...
- Net ëmmer kann een eng direkt Konsequenz vun transervale Kompetenzen gesinn, eng Evaluatioun vun dëser Form vu Cours kann een och eréischt no puer Joer gesinn.

***Grupp 17***

- Beobachtung a Bewäertung vum Prozess méi wichteg, wéi déi vum Endprodukt
- Realisatioun vun engem Projet, gelong oder och net
- Reflektioun vum Prozess (Wat war gutt? Wat war manner gutt? Wat war interessant? Wat hunn ech geléiert?
- Presentatioun vun der Aarbecht (erklären an argumentéieren)
- Feedback  vun de Matschüler & Enseignant (konstruktiv Kritik, wertschätzend)

***Grupp 18***

- Den Prozess bewäerten, engagéieren, autonom, brauch vill Guidance
- Selwer organiséieren (z. B. den Ausfluch...)
- Analyse maachen vum Endresultat, mat der Fro: Wat an Wei hätt et kéinten besser gemaach ginn?
- Selbstreflexioun, déi och muss suivéiert ginn.

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Et misst eng Self-Evaluatioun entstoen → Feedback-Gespréich mam Enseignant(e)
- Stäerkten ervirhiewen an dorop dann opbauen
- Net ze vergiessen → Kanner sinn individuell, Stereotypen (Meedercher; Jongen aneren Entwécklungsstand a Geschwëndegkeet).

***Grupp 21***

- Ophuele, Videoen asw. sinn eng sënnvoll Hëllef: D' Elteren vum jeeweilege Kand kënne sech dann selwer ulauschteren/ukucke, wat hiert Kand gemaach huet, dat ass och eng Hëllef fir Bilansgespréicher. Et muss ee selbstverständlech ëmmer virun all Opnam d'Erlaabnis vun den Elteren anhuelen.
- Beobachten
- Notize man
- Géigesäiteg evaluéieren
- Selbstevaluation

***Grupp 22***

- Portfolio
- Sech selwer aschätzen
- Wochenzil (z. B. um Enn vun der Woch soll jiddereen léieren de Fanger ze weisen)
- Wochereflexiounen

***Grupp 23***

- De Léierprozess vum eenzelnen Kand
- Equitabel Chancen fir jiddereen

**Grupp 24**

- Duerch Observatiounen vum Enseignant
- Déi ënnerschiddlech Kompetenzen mussen nom Projet/Cours oprufbar sinn (Kompetenzen mussen verënnerlecht sinn an op en aneren Sujet uwennbar sinn (Transfert).

**Grupp 25**

- Duerch Projeten, déi duerchgefouert ginn (z. B. Plakat, Power Point, ...).
- Prozess vum Zesummeschaffen gëtt evaluéiert, net just d'Resultat
- Transversal Kompetenzen mat engem Text bewäerten an net mat Punkten.

**Grupp 26**

- A Form vun enger Grille (net ze komplex) oder enger Graphique.

## 5.6. Ausbléck

*Aus der Diskussioun ronderëm d'Theema eraus: Wat fir Verännerunge wënscht Dir Iech als Grupp am Plan d'études (Domaines, ...) oder an der Schoulorganisatioun (PDS, ...) kuerz- a mëttelfristeg a punkto Transversalitéit? Wéi eng Plaz soll d'Transversalitéit an der Schoul vun der Zukunft hunn?*

**Grupp 1**

- Ministère an Direktiounen mussen den Notzen an den Sënn vun der Transversalitéit ënnert d'Eltere bréngen Enseignanten dierfen net als Eenzelverfechter vun der Transversalitéit do stoen.
- Schoulmaterial muss zur Transversalitéit encouragéieren.
- De Secondaire muss och de Schratt zur Transversalitéit maachen.
- Schoul dobaussen nach méi férderen.
- Formatiounen zur Transversalitéit
- Formation initiale erneieren.
- Leit vum Terrain sou laang wéi méiglech am Prozess vum Ausschaffen vum Curriculum matabannen.
- Plan d'études interessant gestalten an soumat sécherstellen, datt en als Outil och an der Praxis gebraucht gëtt → roude Fuedem duerch all d'Cyclen.

**Grupp 2**

- Vill méi Plaz am Plan d'études an am Bilan, well et dat ass, wat herno zielt, wat herno gebraucht gëtt an der Berufswelt an a sengem Erwuesseneliewen (Autonomie, Savoir-vivre, säi Liewen selwer an de Gréff kréien, Décisiounen huelen, Problemer léisen).
- Et brauch een als Enseignant méi Fräiraum am Scolaria fir seng Fächer anzedroen beispillsweis.
- Contrainte wat d'Unzuel vun de Fächer pro Woch ugeet.

- Et misst een déi Domainen am Plan d'études méi konkret opdeelen (Sozialkompetenzen allgemeng, dat Organisatoresch, ...) Schlësselelementer erauspicken an déi doranner setzen
- Dofir misst ee vill méi Platz kréien, dass een déi verschidde Prozesser fir eng Kompetenz ze areechen, méi detailléiert kann elaboréieren.

***Grupp 3***

- Verännerung an der Evaluatioun vun den transversalen Kompetenzen
- Méi Kloerheet am Bilan, méi eng detailléiert Evaluatioun vun der Transversalitéit (Integratioun vun den eenzelnen Kompetenzen)
- Méi eng intensiv Férderung vu verschidde Projeten
- Transversalitéit soll zukënfteg am Alldag gelieft ginn an der Schoul
- Kanner an den Ideeën vu Projeten matabezéien
- Teambuilding fir d'Wuelbefannen vun de Mataarbechter

***Grupp 4***

- Manner Wäert op Digitaliséierung (an Input) leeën, dofir méi op Tranversalitéit.
- Wéinst der Digitaliséierung soll méi Wäert op Kommunikatioun geluecht ginn
- Méi Zäit dobaussen verbréngen.
- Bei den Aktivitéiten soll méi Wäert op Sprooche geluecht ginn.
- Op Basiskompetenzen soll op 1. Plaz méi Wäert geluecht ginn (Poster, op engem Blat schreiwen,...), ier ee méi Wäert op transversal Kompetenzen leet
- Kreativitéit vum Kand férderen
- Schüler solle méi op d'Kompetenzen fir d'Zukunft virbereet ginn (E-Mail schreiwen, mise en page..)

***Grupp 5***

- Manner Programm um Plan d'études, datt ee méi Zäit hätt fir transversal Aktivitéiten duerchzeféieren.
- Organisatoreschen administrativen Opwand reduzéieren – manner Formulairen fir Aktivitéiten, Ufroen asw. ausfälle mussen.
- Reduktioun vun der Digitaliséierung – aloggen an e PC, E-Bichelchen.
- Méi Zäit fir perséinlech Gespréicher virgesinn.
- Professionellt Personal um Terrain (z. B. d'Hiewan fir d'Theema Pubertéit, Naturwëssenschaftler, Sportler, ...).
- Méi Offere fir an de Musée, Baussenaktivitéiten, sportlech Aktivitéiten, ...

***Grupp 6***

- Methoden/Aktivitéiten vum Punkt 3 am Dokument méi verankeren.

***Grupp 7***

- Wir brauchen Tools für transversalen Unterricht (formation continue).
- Obligatorische praxisorientierte Weiterbildung
- Diskussionen, Austausch, Hotline
- Muss im Programm stehen und verpflichtend sein
- Es muss klar definiert sein
- Muss im Team ausgearbeitet werden
- Journée pédagogique
- Ziele müssen gesetzt werden und eingehalten werden (roter Faden)
- Teamleader
- In der Schule der Zukunft könnte ein "transversaler" Tag eingeführt werden, an dem fächerübergreifend gearbeit wird. Z. B. morgens transversal Theorie und Mittags Praxis oder Projektwochen. In weiterer Zukunft könnte dann immer morgens transversal Theorie- und mittags Praxisunterricht sein.

***Grupp 8***

- Reorganisatioun vum Plan d'études fir méi Flexibilitéit am Stonneplang en vue vu méi Projeten, praxis-, sënnorientéiert, fächeriwwergräifend an aus de Maueren vun der Klass ze schaffen.
- Besser Kooperatioun vun den Teammemberen (fir vun enger interner Hierarchisatioun ewech ze kommen)
- Zesummeschaffen mat aner Klassen an/oder Cycleiwwergräifend

***Grupp 9***

- Schoulfächer opbriechen, den eenzelne Fächer net dee Poids ginn, deen se hunn.
- PDS méi zougänglech fir all d'Enseignante maachen, konkret Plan d'actions hannert deenen d'Enseignantë stinn.
- Transversalitéit soll d'Léierprozesser ënnerstëtzen.
- Transversalitéit soll de Schülerinnen a Schüler erméiglechen, sech op d'Zukunft virzebereeden.
- D'Schoul muss duerch a fir d'Transversalitéit méi oppe ginn.
- Transversalitéit däerf net zum Selbstzweck ginn.
- Transversalitéit soll d'SuS ënnerstëtzen, se zesummen- a weiderbréngen.

***Grupp 10***

- E mëndlechen Austausch, dee stattfënnt, deen net aus dem Bilansgespréich besteet.
- Soss war d'Bewäertung vum 2. Trimester eng schrëftlech, wou een op déi verschidde Stäerkten an Schwächten agaangen ass. Esou kann een och herno soen, wou e Kand sech weiderentwéckelt huet a wisou (a Form vun engem Text).
- Villäicht kéint een sou ee Commentaire/Austausch einfach an der Rubrik vun den transversalen Kompetenzen ginn an soumat et ofschafen, e Kand just op e bestëmmte "Level" ze setzen.
- Méi Échange, mat deenen aneren Cyclen austauschen.

- Am Plan d'études: kéinte méi konkret Beispiller an Erklärungen dra sinn (Beispill vum belgen Plan d'études: hei sinn beispillsweis och d'sous-compétences ernimmt), esou dass ee Schrëtt fir Schrëtt d'Entwécklung vum Kand ka gesinn. Et kéinten Denkustéiss sinn, awer net esou, dass se virgefäerdegt sinn an engem opgezwonge ginn.
- D'Lienen siichtbar maachen: wann eng Kompetenz net areecht gëtt, wouru läit et?

***Grupp 11***

- Et solle méi Beispiller am Plan d'études stoen, zu all de Fächer. Et soll jo ëmmer Deel vum Cours sinn.
- Den Alldag mat abréngen.
- D'Kanner an de Mëttelpunkt stellen a froen wat si intresséiert, z. B. Computerspiller an der Schoul.

***Grupp 12***

- Vun de Bicher ewechkommen.
- Et soll ee fächeriwwergräifend schaffen
- Evaluatioun soll am Fondamental souwéi am Secondaire d'selwecht sinn.

***Grupp 13***

- Net nëmmen duerch schrëftlech oder mëndlech Prüfungen testen: eng nei/aner Aart a Weis fir d'SchülerInnen ze evaluéieren.
- Bewäerten op gutt Iddien/Gedanken/gedanklech Verknäppungen.
- Individualiséiert Bewäertung vun de SchülerInnen.
- Bei de Bewäertunge sech méi op d'Stäerkten wéi op d'Schwächen fokusséieren.
- Méi Gewiicht op d'Mataarbecht, d'Motivatioun, d'Manéieren, d'Sozialkompetenzen ... leeën.
- D'Schüler kënnen/dierfe sech och selwer bewäerten (wou leien meng Stäerkten? Wou leien meng eventuell Schwächen?) → Selbsteinschätzung.

→ Duerch déi aktuell Moyenë stoussen d'Transversalitéit an d'Personal un hir Grenzen: Personalmangel, mangelnd Raimlechkeeten, allgemeng feelend Infrastrukturen, mangelnd Material, Mangel u qualifizéiertem Personal, ze grouss Gruppen.

→ Wichteg: et dierf net nach méi administrativ Aarbecht op d'Personal duerkommen.

→ D'SchülerInne mussen och ausserhalb vun de schoulesche Raimlechkeeten gefërdert a gebilt ginn (Manéieren, Sozialkompetenzen, ...).

***Grupp 14***

- Soll nicht zu einer verpflichtenden Veranstaltung werden.
- Soll nicht mit zusätzlicher Arbeit für die Lehrperson verbunden sein.
- Zahl der transversalen Veranstaltungen soll begrenzt sein (1-2 pro Jahr).

- Arbeitsgruppen aufstellen, die sich um solche Projekte kümmern und die Lehrperson bei solchen Veranstaltungen unterstützen.
- Da diese Projekte oft sehr arbeitsintensiv sind, soll über eine Décharge für solche Projekte/ Arbeitsgruppen nachgedacht werden.

***Grupp 15***

- Wënsch: Wéi soll een d'Transversalitéit richteg bewäerten?
- Plaz vun der Transversalitéit an der Schoul: an all Fach soll een un d'Transversalitéit denken an och un extra transversal Kompetenzen schafen (net ëmmer déi selwecht). Et soll een och analyséieren, u wéi enge Kompetenzen d'Schüler schaffe sollen, vläit hunn si schonn e puer, wou si wierklech staark sinn an anerer, wou nach vill Sputt no uewen ass.
  - Z. B. Am Lycée, gëtt een "Speed dating" organiséiert, fir dat d'Schüler an der Classe d'accueil d'Sprooch, déi si léieren, gebrauchen. Si maachen nei Frëndschaften mat de Schüler au den "normalen" Klassen. Just an där Situatioun gëtt esou vill Transversalitéit verwennt ...

***Grupp 16***

- Méi Fräiheet
- Transversalitéit soll net imposéiert ginn, mee encouragéiert ginn.
- Unhaltspunkten am Plan d'études, en Guide deen engem hëlleft, wei kann een méi transversal säi Cours erstellen, bei wéi enge Fächer soll ee kucken goen, fir e bestëmmtent Theema ze behandelen.
- Beispiller ginn, wéi a wat aner Schoulen gemaach hunn zu dësem Theema.
- Échangen zwëschent de Schoulen fuerderen (Kontakter hierstellen).
- Schüleraustausch fuerderen (z. B. Huelmes) méi proposéiert Aktivitéiten zesumme maachen.
- Enseignanten encouragéieren.
- Am Secondaire ass et méi schwéier transversal ze schaffen, wei am Fondamental, d'Proffen hunn d'Klassen 1-2 Stonne pro Woch, am Fondamental & ACCU huet den Enseignant seng Klassen 23 Stonnen a kann seng Fächer ëmsëtzen, wéi en dat wëll.

***Grupp 17***

- Transversalitéit soll am Alldag integréiert sinn.
- Transversalitéit och an der Elaboratioun vum neie Plan d'études → fir d'Stëmm vun de SuS anzehuelen, souvill wéi méiglech SuS matdenken/matschwätze loossen, z. B. Schülerkomitee am EF (am Gesetz).
- Plan d'études mat wichtegste Pilieren, fir de Rescht ofspecken, sou dass Fräiraum fir méi Transversalitéit entsteet.
- Annexe zum Plan d'études (Fräiraum a punkto Transversalitéit opweisen).
- Transversalitéit an Oppenheet EF an déi verschidden Acteuren (MR/Elteren/Gemeng, ... - firwat net och Bildungslandschaften?) → all Acteuren abezéien, all Acteure sollen sech hirer Verantwortung bewosst sinn a se wouerhuelen.

***Grupp 18***

- Méi Personal pro Klass (och fir d'Kanner mat spezifesche Besoinen, fir d'Inclusioun ze férderen an déi aner Kanner ze "entlaaschten".
- Manner grouss Klassen (+/- 12-16 Kanner max.).
- Aktuell ze vill administrativ Hürden a Formalitéiten.
- Horairen a Programmer sinn net wierklech top fir dat kënnen ze applizéieren.
- Strukturell Ännerunge wäre sënnvoll.
- Wichteg ass dat kooperatiivt, produktiv Zesummeschaffen.

***Grupp 19***

- *Umierkung vun der Curriculumsdivisioun: D'Grupp 19 ass net zustan komm.*

***Grupp 20***

- Transversalitéit ass erwënscht a soll als feste Bestanddeel an de Schoulen agéieren.
- Praktesch Formatiounen (≠ Theorie) ubidden mam Theema "Transveralitéit am schouleschen Alldag."
- Verännerungen am Plan d'études (2009): Naturwëssenschaften iwwerall afléissen loossen → Mathé dobaussen; Naturwëssenschafte (Kierper) mam Sport verbannen, néie Layout fir dat direkt op déi transversal Kompetenzen higewisen gëtt.
- Schoulorganisatioun (PDS): dat Administratiivt un dat Schoulescht upassen → soss kann een schlecht transversal schaffen, d'Schoulpresidente kéinten sech ënnertenee austauschen (Plattformen; Inspiratioune siche goen)
- All 2 Joer → interne schoulesche Projet, dat Transversalitéit an all de Klassen gelieft an ëmgesat gëtt.
- Schoul = Kand steet ëmmer am Mëttelpunkt, duerf en net vergiessen.

***Grupp 21***

- Fokus soll op de Basiskompetenze leien! Déi traditionell Fächer an der Grondschoul si wichteg a solle vermëttelt ginn.
- Méi Wäert op d'Schwätzen an de Sprooche leeën.
- Manner Asaz vun digitale Medien.

***Grupp 22***

- Am Kader vum PDS ganz Schoulkonzepter ausbauen, déi d'Transversalitéit an alle Kompetenzberäicher ënnerstëtzt an d'Schüler dozou bréngt, sech an hiren Denkprozesser weider ze entwéckelen.
- Dem Mediekompass muss méi Wichtegkeet zougedroe ginn z. B. andeems en an de Plan d'études integréiert gëtt.
- D'Wichtegkeet vun den transversale Kompetenzen ervirhiewen.

- Duerstellung vun der Bewäertung vun den transversale Kompetenzen misst anescht duergestallt ginn (net 1-4) fir de Fokus méi op de Progrès ze leeën. Unzedenken wär och fir dem Kand an den Elteren konkret Iddien mat op de Wee ze ginn fir d'Entwécklung vun dëse Kompetenzen ze ënnerstëtzen. Et wär och vu Virdeel net no all Cycle nees bei 1 mussen ze starten, well dës Kompetenze sech an Laf vun der ganzer Schoulkarriär entwéckelen.

***Grupp 23***

- Domaines: Kreativitéit fërderen an eng méi grouss Platz ginn am Plan d'études.
- Méi Méiglechkeete weisen, wéi een d'Fächer konkret kann transversal enseignéieren (zum Beispill: Musek + Sproochen + Bewegung) dat kann e méi effektiven an zäiteffiziente Cours erméiglechen. Kanner kënnen esou och méi agebonnen a motivéiert ginn.
- De Plan d'Etudes soll weisen, dass een d'Transversalitéit u sech scho praktizéiert an se gelieft gëtt an een net vill Extraes muss maachen fir en transversalen Unterrecht respektiv PDS ze féieren.
- Méi Werbung fir Projeten wéi "Mir si raus" iwwer d'Joer ze maachen.
- En Transversalitéitskalenner mat verschiddenen Theemen iwwer d'Joer.

***Grupp 24***

- PDS misst méi däitlech vun der Schoulgemeinschaft gedroe ginn (ES).
- Méi bewegtes Lernen, Bewegungspausen (Konzentratioun fërderen), Développement durable an méi Nohaltegkeet op allen Ebenen fërderen, Ausflich an d'Natur an déi divers Fächer matabauen.
- Duerch méi Inclusioun Sozialkompetenzen an Akzeptanz vun Diversitéit vermëttelen
- D'Intressen vun de SuS berücksichtegen an d'SuS bei der Konzeptioun vun de Coursen matabannen (Buchbänder: Leporello 1,2,3...)
- Stäerken vu kooperativem Schaffen, akzeptéieren vu Schwächten an ënnerschiddlech Stäerkten erkennen a wëssen se anzesetzen (SuS > si mir als Grupp (méi) staark?).

***Grupp 25***

- Niewefächer méi Eescht geholl ginn
- Niewefächer méi getrennt am Plan d'études (z. B. Musek a Konscht getrennt)
- Méi Beispiller am Plan d'études
- C1 am Plan d'études méi detailléiert


***Grupp 26***

- Gesonden Equiliber tëschent de verschiddenen Domainen. Net just op den Savoir-faire pochen.
- Meta-Langage simplifiéieren, Accessibel fir jiddereen.


# 6. Fotogalerie


D'Fotogalerie ëmfaasst nëmmen déi Inhalter, déi den 24. November 2022 en présentiel um Edupôle zu Walfer beschwat goufen. D'Participantë vum Online-CoLab hu mat engem Word-Dokument geschafft. D'Stechwierder aus de Word-Dokumenter sinn am Kapitel 5 festgehalen.


## Atelier A: Transversal Kompetenzen fir den Enseignement fondamental & Enseignement secondaire





Wéi eng transversal Kompetenzen
sollen d'Kanner weiderentwéckelen?
Stonneplang am Interêt vum Kand
D'Fach Glück
Präsentéieren am Public
Projetsstonnen zur Verfügung
Werkstätten Atelieren mat Experten
D'Kanner verléieren se schwätzen
Projektwochen
Mini-Gesellschaft 'Schoul'
Domainen opwäerten
Kleng Spullen fir Visite vu bausse
Kanner organiséieren Supermarché Ausfluch...
Fermi-Aufgaben



'De Programm' entschlacken
PLAN D'ÉTUDES
PLAN D'ÉTUDES
ÉCOLE FONDAMENTALE
SOZIAL VALEUREN
Friday
Konkret Iddie fir den Terrain offréieren.
→ mat Material fir direkt ëmzesetzen
→ als Impuls
Virwuert fir de Plan d'Études



TOLPERSTENG
Elteren
Infrastrukturen
Trace
Formal / non-formal
2 Enseignanten Co-Teaching eng Klass
Evaluatioun
Enfants à besoin spéc. Pilier Transversal Komp.
Co-Titulaire méi an der Klass
Ancienneteit
Erofsetze vun der Tache / de Stonnen vun Enseignant
Stress
Bsp. Kachen


ZESUMMEFAASSUNG
Méi Leit vun baussen an de Klassesall loossen
Fächeriwer-gräifend schaffen
transversal Piliéen als Schoul festléen
- transversal Kompetenzen als Ausgangspunkt fir Unterechts-planung
e gudden transversalen Unterrecht kléngt an éischter Instanz ganz iddilech an net réalisabel, mee ganz séier kennen an enger Ekipp ganz gutt a
Zäit a Raum fir d'Emsetzung vun transversale Kompetenzen
Evaluatioun
Wäertschätzung
Opbrieche vum Stonneplang a vun de Fächer
Projektwochen - Friday
ESSAYER DE CRÉER UN CADRE MOINS RIGIDE AUSSI BIEN POUR L'ÉTUDIANT QUE POUR
Achtsamkeet
Léisungsorientéiert
Transversalk. am Viergrond
Harmoniséierung vun Sozialk./Schichten zum Wuel vun all Kompetenz - Mënsch
Selbstkompetenze bei Schüler an Enseignant
L'ENSEIGNANT PERMETTANT LE DÉVELOPPEMENT DE SOI-MÊME ET DU SAVOIR
EN METTANT EN AVANT-PLAN LES VALEURS HUMAINES!
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER · ART. 100050592


## Atelier B: Transversaalt Schaffen am Schoulalldag










Transversalt Schaffen ass:
- geplant & ungeplant
- unterschiedl. Niveauen
- idealerweis am Team (intern + extern)
- aktivéiert onbewosst verschidde Kompetenzen
- brauch Flexibilitéit
muss als „Léieren" akzeptéiert sinn
↳ och bei den Elteren
- Alldag vum C1
- dobaussen an dobannen
- ass e Wee fir e Léierzil z'erreech
- Risiko?
- manner prévisibel
- motivant
- mat allen Sinnen
- kann digital sinn
Legamaster

## Atelier C: Projeten & Initiativen an der Schoul




Bestandsopnam
Portfolio
Inspiratioun
Green School
aner Gebaier
dobaussen
Kreativ =
Woch
(CDI)
Theater
ganze Cycle
Vakanz
notzen
Préparatioune
40h - Woch
Stolperst
preuven
Onsécherheet
vun
Enseignant
Erwardungs=
haltung vun
Elteren
(ze) vill
Enseigant·en
an enger Klass
Buch as
nët de PE
Gefächerten
Unterricht
4
1er Tyrannei
1 Klass
1 COURS
1 ENS
1 STONN


Recherche
Exemplaresch Schaffen
-themenorientéiert
-kontextgebonnen
-ganzheetlech
↳ Sënnhaftegkeet
Wäerter vermëtteln
Reflexions-Phasen
Stäerken stäerken
Am Aklang mat séngem Ëmfeld
Bericht schreiwen (zesummen)
Op aner Kulturen agoen
≠ Angscht virum Feehler
Haltung
besoins identitaires
„4 K"
(Kreativitéit, Kooperatioun Kommunikatioun, Kritesch Denken)
Big id
grondlegend Konzepter
Team-Fähegkeet
Vernetzt denken
Léieren léieren
Ganzheetlechkeet
Geescht
Kierper
Emotiounen
Reflektéiert Schaffen
formes de politesse
Soft-skills
mpathie


Wonschziedel
Verantwortung zréck un den Enseignant ginn
Emsetzen wat et schon gët
Total Fräiheet
↳ waat géif geschéien?
Schoulautonomie ginn an och zouloossen
! Emsetzung um Terrain
- Formatiounen iwwer puer Joer
Kéng Formaliséierung vun Prozesser!
(z.B. Gde...)
Entspanung vun allen Akteuren
Kand mat sech selwer vergläichen
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER • ART. 100050592

# 7. Ausbléck

Wann Dir Froen oder Ureegungen hutt, kontaktéiert eis via **www.curriculum.lu** oder schéckt eis eng E-Mail op **curriculum@script.lu**.

Mir freeën eis iwwer Ären Interessi un dësem spannende Prozess a sinn houfreg doriwwer, dëse Wee weiderhi mat Iech zesummen ze goen.

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu